



missioun ze maachen? Soit, datt d'Finanzkommissioun méi fréi taagt, anescht taagt oder méi oft taagt, jee nodeem wéi, dat muss een da gesinn.

Ech mengen oder mir mengen, datt dat Zweet méi richtig ass. Well wa mer hei an der Plénière ufänke méi laang ze diskutéieren, mir wëssen all, wéi et ass, da sinn d'Wierfelen awer plus ou moins gefall. Dat féiert sécherlech net derzou, datt mer de Courage zum Beispill hätten, en Amendement ze maachen. Par contre, wa mer et an der Finanzkommissioun géife maachen, da wär dat duerchweegs méiglech.

Souwisou musse mer jo d'Approche an der Finanzkommissioun komplett iwwerdenken, duerch déi ganz Problematik vum Europäesche Semester, wat mer wäerte kréien, dat heescht, datt mer vill méi fréi mussen an der Finanzkommissioun eis wäerte misse mam Budget befaassen. An duerfir wär dat wahrscheinlech eng gutt

Geleeënheet, fir déi zwou Saache mateneen ze verknäppen an deementspriedend eng aner Approche ze wien.

Ech wëll dem Här Bodry iwwregens och soen, datt hien net deen Eischten ass, deen dat doten opgeworf huet. Säi Wirtschaftsminister, säin heitege Wirtschaftsminister a Parteikolleg, de Jeannot Krecké, hat, wéi hie selwer Rapporteur war an der Zäit, déi dote Fro och opgeworf an den 90er Joren. A mir hunn et, wéi gesot, ni fäerdeg bruecht, eis eeschthaf domadder ausereenzesetzen. Ech mengen awer, datt et noutwendeg ass, datt dat gemaach gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, ech veroden lech kee Geheimnis: Dir hutt erausgespuert aus mengen Analysen, datt meng Fraktioun dës Budget net wäert stëmmen. Mir sinn och der Meenung, datt dës Regierung, dës Koalitioun nach méi wéi déi virdrun dem Term gerecht gëtt, deen den Här Biltgen

geprägt hat, wéi se gegrënnt ginn ass 2004, wéi se sech zesumme fonnt huet 2004, nämlech: d'Koalitioun vun der arithmetescher Vernunft.

Et kann ee bal soen, datt dës Koalitioun wierklech d'Koalitioun ginn ass éischter vun der banaler Gestiou.

(Interruption)

Si bréngt et net méi fäerdeg, fir wierklech couragéiert un Dossierer erunzegoen. An et ass eigentlech,...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Wann een an der leschter Legislaturperiod nach e bëssen amüséiert konnt deen Term ëmmer erëm kommentéieren, esou muss ech soen, datt een an dëser Legislaturperiod dat net méi ka maachen, well mer eis an enger ganz anerer Ausgangsposition befanne wéi nach 2004.

Dëst Land bräicht eigentlech am Moment eng Regierung, déi wierklech zesumme stéing, déi sech eens wär, déi handlungsfäeg wär an déi déi richtig Analys géif maachen. Dat ass awer bei dëser Regierung net de Fall.


Här President, wéi gesot, mir stëmmen dës Budget op alle Fall net.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här François Bausch. Domadder géife mer fir de Moie mat eisen Diskussiounen ophalen, a mir kommen de Mëtteg um hallwer dräi erëm zesummen. Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung vun de Moien ukomm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.21 heures)



Présidence: M. Laurent Mosar, Président

Sommaire

6200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2011 (suite)

- Discussion générale (suite): M. Gast Gibéryen, M. André Hoffmann, M. Xavier Bettel, M. Jean-Louis Schiltz, M. Alex Bodry
- M. Luc Frieden, Ministre des Finances
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Motion 1: M. François Bausch, M. Alex Bodry, M. André Hoffmann, M. Claude Meisch, M. Gast Gibéryen
- Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo et Romain Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

► **M. le Président.** - Ech maachen d'Sitzung op.

D'Chamber fiert de Mëtteg weider mat de Budgetsdebatten. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Gast Gibéryen age droen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

6200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2011 (suite)

Discussion générale (suite)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och wann et eng Traditioun ass, datt een ufanks vun der Ried vum Budget dem Rapporteur Merci seet fir seng Aarbecht, déi e gemaach huet, esou ass et, trotzdeem et eng Traditioun ass, - mengen ech - awer een ugebruechte Merci, well de Kolleg Alex Bodry huet och, wéi dat scho seng Virgänger gemaach hunn, dës Kéier sech intensiv an dat Dokument ageschafft an huet e gudde Rapport gemaach. An ech mengen, mir konnten alleguer an der Finanzkommissioun dat feststellen.

Et ass och esou, datt e Rapport vun engem Rapporteur net ëmmer onbedéngt eng Diskussioun erëmispigelt, déi an der Kommissioun gemaach gëtt, mä datt dem Rapporteur och seng perséinlech Iddie mat an de Rapport erafléissen. Dat ass eng Bereicherung duerfir och an der Vergaangenheet gewiescht, well dann awer Iddien zu Pabeier komm sinn, déi ëmmer e gutt Noschlowierk waren, wa mer an der politescher Diskussioun hei stoungen. Duerfir och de Merci vun eiser Säit un de Kolleg Alex Bodry fir säi gudde Rapport.

Här President, ëmmer méi héiert een, wann ee mat de Leit am Land schwätzt, Sätz wéi: „Wou féiert dat hin?“ Oder: „Wou steiert dat Land, wou steiert Lëtzebuerg hin?“ Et ass eng Besuergnis, déi Leit zum Ausdrock bréngen; Leit, déi sech Suergen ëm d'Zukunft vun eisem Land maachen. D'Ursaache si verschidentlech. Si gi vun der finanzieller Situatioun vum Stat, verbonne mat ëmmer gréissere Problemer an de Schoulen oder Verkéiersproblemer, Wunnungsproblemer, Infrastrukturproblemer an esou weider; den Zesammenhalt vun eiser Gesellschaft, déi ëmmer méi wäertlos an onorientéiert zu enger reng op Materialismus opgebaute Gesellschaft sech entwéckelt huet - dat an engem internationalen ëmmer méi onsécheren Ëmfeld; an engem Europa, wat ëmmer méi Pouvoiren u sech rappt a gläichzäiteg eng Politik am Interesse vun de multinationale Konzern a géint d'Interesse vun normale Bierger mécht, wou déi national Souveränitéiten ëmmer méi ënnert d'Diktat vu Bréissel gestallt ginn.

Vill Leit komme sech ëmmer méi friem hei an hirem Land vir, well hei ni eng richtig Integrationspolitik praktizéiert ginn ass. D'Lëtzebuurger an d'Netlëtzebuurger lieue méi niewentenee wéi mateneen. E Land, wou d'Sprooch vum Land Lëtzebuerg ëmmer méi an d'Hannertreffe geréit. E Land, wou d'Jugend muss auswanderen, fir sech an hirer Famill kënnen nach eng Wunneng ze leeschten. E Land, wou zwar all Joer nach zousätzlech Aarbechtsplaze geschaf ginn, d'Zuel vun de Frontalieren awer wiißt a gläichzäiteg och de Chômage hee heem wiißt. Awer och e Land, wou trotz engem ni do gewieschte Räichtum iwwert d'Jorzéngten ëmmer méi Leit ënnert d'Aar-

mutsgrenz fale mat steigender Tendenz - bis elo bal 15%.

Wat och bewise gëtt doduerch, datt d'Unicef an enger rezenter Studie elo vun uganks Dezember festgestallt huet, datt hei am räiche Lëtzebuerg iwwer 11.000 Kanner ongenügend Zougang zu Wuelstand, Bildung a Gesondheet hunn. Lëtzebuerg rangéiert ënner 24 Länner do op der 15. Plaz.

Et gëtt awer och bewisen doduerch, wann ee kuckt d'Entwécklung, déi de Stat bezilt fir Bezéier vun der Deirechtzoulag. Am Joer 2000 waren dat 5.339 Persounen. Zéng Joer méi spéit sinn et der 20.112, also eng Vervéierfachung bannent zéng Joer.

D'RMG-Bezéier: 2002 hate mer 6.246 Stéit oder 10.500 Persounen. 2010, also aacht Joer méi spéit, huet et sech verduebelt op bal 10.000 Stéit an iwwer 18.000 Persounen. D'Suiciden, wou Lëtzebuerg am Spëtzeloton läit mat ëmme offiziell ongeféier 70 Doudeger pro Joer, wouvun de Gros tëschent 25 a 60 Joer läit, also Leit, déi am aktive Berufsleue stinn.

D'Kriminalitéit, déi an de leschte Jore massiv zougehooll huet. De Schoulsystem, wou d'Ofgäng ouni Réussite rekordverdächtig sinn, an am internationale Vergläich Lëtzebuerg bei den Entwécklungslänner rangéiert. Dat, trotz deem deierste Schoulsystem weltwäit. An déi lescht Deeg hunn eis dat opgrond vun dem Resultat vun der Pisa-Etüd op en Neits bewisen. De Chômage ass an de leschte Joren op Rekordhéicht geklommen.

All dës Themen, Här President, Sujete maachen ëmmer méi Leit Kappzerbrieches hei am Land, a se froe sech mat Recht: „Wou steiert dat Land hei hin? Wou leien d'Ursaachen? Wat huet d'Politik falsch gemaach, datt eist Land sech haut an esou enger Situatioun befënnt?“ D'Budgetsdebatte sinn dofir eng gutt Geleeënheet, fir déi Analys ze maachen.

Här President, ech fänken u mat der Finanzsituatioun vum Stat. Iwwer Jorzéngten hat dëst Land Plus-valuen a Milliardenhéicht. Haut sinn d'Keesen eidel - egal, wann d'CSV virun de Wahlen behaupt huet an elo nach geleeëntlech weider versicht ze behaupten, datt dank der CSV mir haut nach Reserven hätten. Den Här Finanzminister huet geschter souguer nach gesot, datt dank enger laangfristeger vorsichtiger Finanzpolitik mir haut nach Reserven hätten.

Richtig ass awer, datt dank der CSV, déi iwwer Jorzéngten d'Steiergelder zur Fënster erausgeworf huet, mer haut keng Reserve méi hei am Land hunn. Fir datt dat net soll esou opfalen, muss de Budgets- a Finanzminister vill mat de Chiffere jon-

gléieren. Mir nennen dat och: Budgetsmanipulationen. Den Här Luc Frieden wier sécherlech Weltmeeschter an de Budgetsmanipulationen a wann et en Nobelpreis géif gi fir Budgetsmanipulationen, géif den Här Frieden dee sécherlech konkurrenzlos gewannen.

Mat wat fir Tricken...

(Interruption)

...gëtt hei iwwer Jore versicht, d'Budgets normen an -zifferen ze frisierieren? Den éischten Trick zum Beispill 2006 - do huet deen Trick och nach funktionnéiert. Do ass een defizitäre Budget presentéiert gi vun 300 Milliounen. D'Tripartite ass ageruff ginn. Doropshin, well e sollt defizitär sinn ass, ass de Sozialofbau decidéiert ginn. E puer Beispiller: Indexmanipulation, massiv Erhéijung vun der Autossteuer, Erhéijung vun de Baitreeg vun der Fleegeversécherung vun 1% op 1,4%, verschidde Famillenzoulage sinn net méi indexgebundene ginn. An herno konnte bei de Konte keen Defizit, mä Plus-valuen an der Héicht vun 240 Milliounen festgestallt ginn, ouni datt am Joer Budgetsjoer 2006 déi Moossnamen, déi decidéiert gi waren, hiren Niederschlag fonnt hunn. Dat war eréischt an deem Joer duerno.

Den zweeten Trick, dee gemaach ginn ass, dat war beim Budget 2009, och Wahlbudget genannt, well 2009 war jo bekanntlech d'Joer, wou d'Wahlen waren. Virun de Wahlen ass dës Budget am Gläichgewicht presentéiert ginn. Jiddweree wosst, datt de Budget awer defizitär wier. An d'ADR huet dat och ëmmer ganz kloer gesot. D'CSV awer presentéiert aus Tradition an lwwerhiefléckheet virun de Wahlen keen defizitäre Budget.

D'Konten, déi mer elo viru 14 Deeg hei an der Chamber awer gestëmmt hunn, hunn de Contraire bewisen an annerhaleft Joer no de Wahlen dann d'Wourecht un d'Liicht bruecht, datt dee Budget mat enger Milliard Defizit ofgeschloss huet. Virun de Wahlen gëtt also e Budget schéi friséiert.

An den heitege Budgetsrapporteur Alex Bodry huet deemools - ech schwätze vum Budget 2009 - am November 2008 am „Lëtzebuurger Land“ geschriwwen: „Budgetminister Luc Frieden sei zweifelsfrei ein Zauberer.“

An dëst Joer stoung am „Lëtzebuurger Land“ vum 8. November genau dat geschriwwen, wat d'ADR am Dezember 2009, also bei der Diskussioun vum Bud-



get 2009, vum Wahlbudget, gesot huet. Am „Lëtzebuurger Land“ stoung: „Denn mit dem wenige Monate vor den Kammerwahlen gemachten Versprechen, dass die gerade offen ausgebrochene Finanzkrise keinerlei Auswirkungen auf die Einkommenslage der Haushalte haben werde, hatte der Minister seinen unrealistisch gewordenen Budgetentwurf im Handumdrehen in ein antizyklisches Budget verwandelt. So dass ein Überschuss im Wahlbudget am Ende zu einem Defizit von einer Milliarde in den Konten wurde.“ Dat konnt een noliesen am „Lëtzebuurger Land“. Dat war genau dat, wat mir virun de Wahlen an no de Wahle gesot hunn.

Den drëtten Trick vum Finanz- a Budgetsminister: Wa virun de Wahlen de Budget schéigeschriwwé ginn ass, esou huet de Pendel no de Wahle genau de Contraire ausgeschloen. No de Wahlen, de Budget 2010, deen ass iwwerdrifwen defizitär opgebaut ginn, fir sech esou en Argument ze verschafen, fir kënnen Sozialofbau duerchzezéien. D’Gewerkschaften, déi sinn awer net méi drop eragefall. Si ware schliesslech 2006 schonn eng Kéier drop eragefall. An en alt Spréchwuert seet: E gudden Iesel stéisst sech bekanntlech nëmmen eemol. An duerfir hunn d’Gewerkschaften do och net méi matgemaach.

Déi Regierung wollt direkt no de Wahlen, also dëst Joer, e Spuerpak fir déi ganz Legislaturperiod decidéieren, well se wouost, datt spéitstens e puer Méint méi spéit hiert Spillche vun de manipuléierte Budgetschiffere wéi e Kaartspill géif zesummefalen. Wat jo och an der Zwëschenzäit méttlerweil geschitt ass.

Vun deem Defizit fir de Budget 2010 vun iwwer zwou Milliarde wäerten elo nach tëschent 1,2 an 1,4 Milliarden iwwreg bleiwen.

► **Une voix.**- Defizit!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Defizit.

An och dëst Joer huet den Här Rapporteur Alex Bodry vu Manipulatione geschwat. Am Tageblatt vum 18. Oktober dëst Joer stoung ze liesen: „Bei der Vorstellung des diesjährigen Haushalts sei ein bisschen mit den Zahlen jongliert worden.“

De Rapporteur muss natierlech wëssen, vu wat datt e schwätzt, wann en esou eppes a senger Hauszeitung schreift.

Den Här Lucien Lux huet de Moien zwar versichert, de Finanzminister mat senge Chifferen ze verteidigen. Mä net méi spéit wéi dëser Deeg hunn d’Jongsozialisten an engem Communiqué fir Niklosdag proposéiert, dem Finanzminister en Täscherechner ze schenken. Ënner „Zahlenwirrwarr und Strategie“ stoung am „Tageblatt“ ze liesen - et ass de Communiqué vun de Jongsozialisten: „Der Finanzminister gäbe den Eindruck, sich nur ein wenig bei seinen Rechnungen vertan zu haben. Oder aber handle es sich hier um eine ausgeklügelte Strategie, um mit dem Schrecken der Wirtschaftskrise Angst zu schüren und somit eine unsoziale Politik zu betreiben, die ansonsten nie umgesetzt werden könnte.“

An da fannt Der nach Sätz an deem Communiqué vun de Jongsozialiste wéi: „Wird der Finanzminister dann wieder neues Zahlenmaterial aus seinem Hut zaubern?“ Oder: „Die Jusos wünschen sich eine Regierung, die wieder über Langfristigkeit und Visionen nachdenkt, statt von Quartal zu Quartal versucht ihre Bilanzen zu frisieren.“ An zum Schluss schreiwien d’Jongsozialisten: „Die Jusos hoffen weiter, dass der Nikolaus dem Herrn Frieden einen neuen Taschenrechner mitgebracht hat.“

Wann een dann héiert, Här President, den Här Bodry am „Tageblatt“, deen a bal déi nämlecht Kierf schléit; den Här Lux, deen haut de Moien den Här Frieden versicht huet ze verteidigen, an dann d’Jongsozialiste mat esou engem vernichtenden, et kann ee scho bal soe grausame Communiqué vis-à-vis vun der Regierung an dem Finanzminister, da muss ee sech froen: Wéi ass dat méiglech an esou enger grousser Partei, datt do esou verschiddeentlech Meenungen kommen?

Bah, Här President, ech ka mer net virstellen, datt d’Jongsozialisten eng aner Lecture vun der Politik vun dëser Regierung a vum Budget hu wéi d’Senioren an der LSAP. An duerfir schénge et mir och ganz kloer ze sinn: Dat hei sinn déi commandéiert Communiquéen, wéi een dat esou seet. Dat heescht, d’Seniore vun der LSAP hu sech net méi getraut, fir hirem Koalitionspartner de Spiegel virun d’Gesicht ze halen, an da stelle se d’Jongsozialisten un,...

(**Hilarité**)

...fir datt déi dat da maachen. An d’„Tageblatt“ bréngt dat da selbstverständlech ganz grouss eraus. An da kann den Här Lux dann heihinnerkommen an den Här Frieden, wéi en dat de Moie gemaach huet, a Schutz huelen heibannen, mä dobaussen am Land, do hunn d’Jongsozialisten awer geschriwwen, wat déi al Sozialiste mengen.

(**Interruptions diverses**)

Dir gesitt also, Här President, déi Manipulation, déi vum Budget hei gemaach gëtt vum Budgets- a Finanzminister, déi huet System. Dat geet riicht virun iwwer Joren. An et hântk dovun of, ob et virun de Wahlen oder no de Wahlen ass, ob sozialen Ofbau soll bedriwwé ginn oder net.

An duerfir ass dëse Budget och schonn erëm e falsche Budget, ier en ugeet. D’Chiffere stëmmen net méi, ier en haut den Owend hei vun der Majoritéit wäert gestëmmt ginn. Sief dat Chifferen, wat an deene leschte Wochen eng Rei vun Décisionen geholl gi sinn am Kader vun der Kilometerpauschal, dem bëllegen Akt, der Zënssubvention oder wat och nach soll an der Bipartite mat de Patronen decidéiert ginn.

E puer Wieder nach iwwert d’Finanzsituation weider vum Stat iwwert d’Trésorerie. Och an der Trésorerie ass am Abléck kee Geld méi. Dat muss ee wëssen. Et sinn zwar ënner zwou Milliarden am Abléck Liquide an der Trésorerie, mä et muss een och wëssen, datt mer dëst Joer am Mee zwou Milliarden Emprunt opgehall hunn.

Dat heescht, all dat Geld, wat ëmmer gesot gëtt, wat op de Fonge géif doruechter gemaach ginn oder wat op de Fongen ass, fir d’Scholden zrëckzebezuelen, dat ass wuel eng Écriture an den Dokumenter, mä d’Geld ass u sech net méi do. Dat Geld hu mer ausginn an de Jore virun zum Beispill, fir den Defizit vun 2009 ze decken, oder fir den Emprunt, dee mer dem griichesche Stat gemaach hunn an esou weider. Mä dat Geld ass net méi do. Et gëtt also hei vu Gelder geschwat, déi op Fonge géife stoen, déi an der Realitéit net méi do sinn. D’Keess ass eidel.

An och wann een d’Fongen u sech kucke geet, d’Tabell, déi an dem Avis vun der Cour des Comptes stoung an déi de Budgetsrapporteur esou frëndlech war, fir déi och a sengem Rapport ze iwwerhuelen - Dir fannt se op der Säit 59 déi heiten -, déi beweist am Fong kloer, datt d’CSV, an dat mag alt erëm esou e klengen Seitenhieb vun de Sozialisten un d’CSV gewiescht sinn oder beabsichtigt sinn, well d’CSV jo seet, déi Suen, déi op de Fonge wieren, dat wieren déi Suen, déi si fréier an de gudde Joren ugespuert hunn. Bon, wann een déi Tabell hei kuckt, da gesäit een, datt do keen Euro méi aus deene gudde Jore vun de Plus-valuen drop ass. Mä dat Geld, wat haut do nach als Écriture steet, wat awer a Wierklechkeet awer schonn net méi do ass, dat sinn am Fong reng Emprunten. Dat si reng Emprunten.

Ech huelen zum Beispill, 2009 ass gesot ginn, et wieren op de Fongen nach eng 1.270.000.000, mä mir hunn awer deemools schonn 1.132.000.000 Emprunt op de Fonge gehat. Am Joer 2010 geet laut där Tabell eraus, et wieren nach 985.000.000 op de Fonge gebucht, mä zu deem Zäitpunkt hate mer schonn 1.332.000.000 Emprunten op d’Fonge gebucht. A fir 2011 seet d’Cour des Comptes, et wieren nach 743.000.000 op de Fongen, a gläichzäiteg seet se, sinn awer schonn 1,5 Milliarden Emprunten op d’Fonge gespeist ginn. Dat heescht, mir wiere schonn déif am Keller, wa mer nach där misste vun de Plus-valuen aus de gudde Jore geschwat. Et ass also falsch, fir ze behaupten, op de Fonge wieren nach Suen aus de gudde Joren, d’CSV hätt do

Sue vun de Plus-valuen op d’Säit geluecht, gespuert. Dovunner ass kee Geld méi do. Mä och dat Geld wéi gesot, wat do steet, fannt Der an der Trésorerie net méi erëm.

D’Konsequenzen dovun sinn, well d’Fongen eidel sinn oder eidel ginn oder dat Geld net méi do ass, datt d’Investitiounen zrëckginn.

Den Här Frieden huet hei bei der Budgets-presentatioun gesot, d’Investitiounen ginn op engem héijen Niveau gehalten. Dat stëmmt. A Wierklechkeet gëtt awer ee Véirel vun deenen am leschte Joer am Konjunkturprogramm versprochen Investitiounen fir d’Joer 2011 gestrach. Dat huet selbstverständlech dann och Konsequenzen op eis Ekonomie. Et huet Konsequenze fir eis Betriber, fir d’Handwierk, fir de Mëtzelstand, an et wäert och negativ Konsequenze fir d’Aarbechtsplazen hunn. Dat heescht an anere Wieder, duerch déi Politik wäert de Chômage och an deenen nächste Méint a Jore klammen.

E weidere Punkt ass eis Schold vum Stat. De Stat huet aacht Milliarde Schold, ronn 20%. Woubäi een awer da muss soen, datt dovunner zwou Milliarde sinn, déi mer investéiert hunn an d’BNP Paribas. Wann een alles ewechrechent, bleiwe fir de Stat 4,7 Milliarden. Mä och hei wëll ech dat ëmmer erëm widderhuelen, datt de Stat kee Kapital rembourséiert, datt de Stat nëmmen d’Zënse bezilt, awer kee Kapital. A vun 2013 u sinn da praktesch all Joer Empruntë fälleg, well se am Prinzip op zéng Joer lafen, wou dann d’Kapital integral an enger Kéier misst rembourséiert ginn. Dat wäert och net an deene Joren de Fall sinn, well dat Geld net do ass, an da ginn nei Emprunten opgehall, fir déi al ze decken. Aner Leit soten: „Den Emprunt gëtt gestreckt.“ E gëtt ëm zéng Joer verlängert!

Et ass wahrscheinlech datselwecht, wéi een et nennt. Op jidde Fall, et gëtt net zrëckbezuelt, se ginn einfach erëm verlängert. Et weess een allerdéngs net, wéi dann den Zënssouss ass, wann een déi Empruntë muss verlängeren, ob deen dann nach esou ass, wéi haut.

Dat heescht, mir maachen hei eng Politik - an et gëtt jo vill vun de Majoritéitsparteien hei geschwat, mir dāerfen déi zukünftige Generationen net belaauchten -, mä méi eng schlëmm Belaauchtung wéi déi heite kënnen mer den nächste Generationen net maachen. Wa mer haut Emprunten ophuelen a mir bezuele se net zrëck, déi Generationen hannendrun, déi müssen déi Emprunten doranner zrëckbezuelen.

Mir müssen also net hei diskutéieren, wéi wann dat doten eng nohalteg Politik wier. Dat do ass eng Politik, déi déi nächst Generation zu 100% trëfft, well déi muss déi Scholden zrëckbezuelen, déi déi heite Regierung mécht an déi déi heite Regierung net zrëckbezilt. Duerfir si mir als ADR der Meenung, datt mer eis müssen hei am Land Grenze setzen, wat d’Verschëldung ubelaangt. Mir dāerfen net an eng Verschëldungsspiral falen. Dat kann an dāerf keen Zil sinn!

Mir sinn och duerfir der Meenung, datt mer sollten als Parteien zesummen driwwer diskutéieren, wéi mer eis Scholde kéinte limitéieren. D’ADR ass och der Meenung, datt ee sollt driwwer diskutéieren - esou wéi eis dāitsch Noperen dat gemaach hunn -, ob ee net sollt eng Scholdebremse an d’Verfassung abauen.

(**Interruption**)

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et muss een dat maachen, wann een net kuerz do virdru steet, wann een net ënner Drock steet. Dat mécht een a gudden Zäiten, a momentan si se nach an där Hisiicht gutt. An dann herno, mengen ech, dāerf een net méi driwwer diskutéieren, wann een un déi Barrière erukënn. Mä et wier net schlecht, wa mer eis als Politik géifen eng Brems dohinner setzen.

Här President, als Konklusioun zu de Finanzan kann ee soen: D’Statskeess ass eidel, d’Fonge sinn eidel, d’Schold geet an d’Luucht, a vun 2013 u müssen d’Emprunten zrëckbezuelt ginn, wou awer kee Geld dofir do ass. 2015 kënn eng Méibelaaschtung op de Statsbudget zou, duerch d’Ewechfale vun der TVA duerch de Commerce électronique, deen ëmmerhin elo

350 Milliounen am Budget ausmécht, ouni driwwer ze diskutéieren, wat eng eventuell Harmonisatioun vun der Taxatioun um Carburant dierft mat sech bréngen.

Firwat sot Der de Leit dat net? Firwat sot Der de Leit d’Wourecht net? Et ass d’Wourecht, déi een de Leit muss soen. An et ass och: Wann d’Leit d’Wourecht héieren a si akzeptéiere se, dann ass och bei de Leit eng Akzeptanz do, fir eben och Moossnamen, déi mussen geholl ginn, ze akzeptéieren.

Den Här Frieden huet gëschter hei bedauert, datt net genuch Akzeptanz am Land do wier fir Reformen, déi bluttnéideg wieren. Ma, Här Frieden, Dir musst de Leit fir d’Éischt d’Wourecht soen iwwert d’Finanzsituatioun, dann akzeptéieren d’Leit. D’Konsequenz dovun ass natierlech, datt der CSV hir Wahllige vun de gesonde Statsfinanze spéitstens da géif opfléien, an duerfir gëtt et och wahrscheinlech net gemaach.

► **Une voix.**- Egal wat!

(**Interruptions**)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, d’Zil war et, d’Statsfinanzen an den Équilibre ze bréngen, duerfir ass d’Tripartite aberuff ginn. D’Tripartite ass gescheitert; an et hu scho Virriedner vu mir et gesot: D’Regierung brauch net wäit bei déi aner no der Schold sichen ze goen, si kann dat alles bei sech selwer fannen, well et ass ganz eleng der Regierung hir Schold. Eng Tripartite, déi net preparéiert war, wou keng Meenung, zumindest keng eestëmme Meenung an der Regierung war. All Partei vun der Regierung hat eng aner, an déi eenzel Ministeren haten nach aner Meenungen. Wann een esou zerspléckt an d’Diskussion erageet, da brauch ee sech net ze wonneren, wann d’Resultat dat ass, wat mer kennen.

(**Interruption**)

Wann een esou e Resultat kritt, da muss een och wëssen, datt een esou e schwieere Problem wéi deen heiten net kann ënner Zäitdruck léisen. An et muss een och wëssen, datt een esou e Problem an d’Land net kann aus dem Ausland regéieren. Wann ee wëllt mat de Gewerkschaften en Accord fannen, wann ee wëllt mam Patronat en Accord fannen, da wier et net schlecht, wann e Premier sech am Virfeld géif - wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war - mat deene Säiten zesummesetzen, diskutéieren, an da mat senger Regierung diskutéieren, an dann d’Propos och op den Dësch bréngen. Mä dat heiten ass esou niewebäi am Hauruckverfahren, onpreparéiert, oneens an der Regierung komm, an duerfir kounn nun emol ebe kee Resultat eraus.

D’Konsequenz ass, datt d’Regierung du vun der Tripartite op Bipartiten ëmgeschwenkt ass an du mat de Gewerkschaften en Accord getraff huet fir den Index, wann eng Tranche sollt erfalen, datt déi nächst net kéint virum 1. Oktober 2011 erfalen.

An der leschter Finanzkommissioun, wéi de Statec do war, hunn déi eis gesot, datt laut hire Berechnungen am Prinzip am November 2011 d’Indextranche géif erfalen an dann am Prinzip am Dezember 2011 géif ausbezelt ginn. Wann dat sollt de Fall sinn, dann ass dat natierlech e ganz schéint Verhandlungseresultat, wann ee seet: „Et dāerf keng virum 1. Oktober erfalen.“

Mä duerfir war d’Regierung dann awer dermat d’accord - an dat hu mer och begréisst -, datt d’Krisesteier vun 0,8% sech nëmmen op d’Joer 2011 géif limitéieren, an net 2012. Mä dat Gesetz, wat mer d’lescht Woch hei gestëmmt hunn, do steet awer net dran, datt déi Krisesteier nëmme géif fir 2011 zielen, do steet dran: fir 2011 an 2012.

Mir wëssen also, datt hei muss légiféiert ginn, well d’Regierung hätt jo och kënnen higoen a soen: „Mir maachen dat, wat mer no bausse gesot hunn, mir setzen an d’Gesetz 2011“, a wa se et verlängert hätt, dann hätt se et d’nächst Joer kënnen an d’Budgetgesetz 2012 asetzen. Mä si huet et op 2011 an 2012 gemaach, esou datt dat net deem entsprécht, wat öffentlech no bausse deklaréiert ginn ass, wat dem Accord mat de Gewerkschaften entsprécht.



Mä wann ee mat de Gewerkschaften en eesäitegen Accord trifft, an déi aner Säit vun de Sozialpartner, d'Patronat, déi gëtt dat dann iwwert d'Press gewuer: Dat mécht een net mat engem Partner, ob Patron oder Gewerkschaften. Et ass dëst e krasse weidere Feeler vun dëser Regierung hiner Verhandlungsstrategie, fir eesäiteg mat engem Sozialpartner esou Décisiounen ze huelen an deem anere Partner dat iwwert d'Press zoukommen ze loosse.

Et war kloer, datt d'Patronat sech dat net géif gefale loosse. Ëmgedréit hätten d'Gewerkschaften sech dat och net gefale gelooss, wann d'Regierung an enger Bipartite mam Patronat eng Décisioun geholl hätt, déi d'Salariat beluecht hätt.

D'Resultat vun der Bipartite mat de Patronatsorganisationen, déi elo soll stattfannen, dat wier eng Kompensation fir den Index an de Mindestloun. Et ass eiser Meinung no awer e falsche Prinzip. Et wier eng Verstaatlichung vun der Augmentation vun de Mindestloun an dem Index. De Statsbudget, dee sollt jo entlaascht ginn. E sollt um Sozialbudget entlaascht ginn. Dat war emol och eng Fuerderung vum Patronat, an duerfir kann ech mer et och net virstellen, datt d'Patronat op där anerer Säit d'accord wier, datt elo sollt iwwert de Statsbudget eng zousätzlech Belaaschtung duerch Lounkompensationen kommen.

Ech ka mer och net virstellen, datt d'Patronat dat am Prinzip iwwerhaupt wëllt. D'Fro ass jo, well d'Betriber ënnerschiddlech belascht ginn, déi eng nëmmen um Index, déi aner bei Index a Mindestloun, esou datt et och schwéier ass, do eng Léisung ze fannen.

Mä och iwwert de Wee vun de Steieren ass et schwéier, eng Léisung ze fannen. Wann eis gesot gëtt, datt 80% vun de Betriber keng Steiere bezuelen, da sinn dat och wahrscheinlech gréisstendeels déi, déi zum Beispill de Mindestloun bezuelen, esou datt déi dann am Fong och net kënnen iwwer Steieren eng Vergéischtegung kréien, déi se als Käschten op där anerer Säit hunn.

D'Mutuelle ass vläicht eng Léisung, mä déi ass och net vis-à-vis vun alle Patrone gläich. D'Fro bleift, wéi d'Regierung mat hire Bipartiten elo eng zefridde stellend Léisung ka fannen a wat fir Répercussionen déi op de Statsbudget huet.

Nach ee Wuert iwwert d'Prozedur, wéi d'Regierung hir Moosnam gesäit. Här President, den Här Rapporteur Alex Bodry huet d'lescht Woch hei an der Diskussion iwwert de Steierpak gesot: „Kee Salarié verdéngt den 1. Januar 2011 manner wéi den 1. Januar 2010.“ Déi Leit, déi krite den Index, an d'Steiererhéijungen, déi se den 1. Januar 2011 krite, déi géife kompenséiert ginn duerch den Index, dee se am Joer 2010 kritt hunn.

Dat heescht am Kloertext - ech hunn et deslescht gesot, mä ech wollt et awer hei nach eng Kéier ernimmen: éischstens, d'Regierung hält drop, datt d'Betriber mussen den Index an de Mindestloun bezuelen; zweetens, d'Salarié kënnen da méi Steieren un de Stat bezuelen. Also, d'Indexéierung iwwert den Ëmwee a Form vu Steiere fléisst dann an d'Statskeess.

Wann elo an der Bipartite géif en Accord getraff ginn, wou d'Betriber d'Erhéijung duerch den Index an de Mindestloun erëm iwwert de Statsbudget kompenséiert krite, dann hätt de Krees sech esou zouge-maach. Dat heescht, d'Betriber bezuelen den Index, d'Leit kréie méi Index, kënnen duerfir méi Steiere bezuelen, de Stat kritt méi Steieren eran an e bezilt dann de Betriber erëm vun deene Steieren zrëck, fir datt se den Index an d'Mindestloun kompenséiert kréien.

De Krees wier zou, an da géif dat am Fong antrieden, wat an der Bibel am Vers 1.21 steet, wou den Hiob - duerfir schwätze mer haut och nach vun der Hiobsbotschaft - gesot huet: „Der Herr hat's gegeben, der Herr hat's genommen.“ Esou ass och hei déi Prozedur, wéi dat hei elo mat där ganzer Struktur do opgebaut ginn ass.

Ee Wuert awer iwwer Europa. Mir hunn de Verdacht a mir ginn ëmmer méi dra bestätegt an eisen Iwwerleeungen, datt Europa vun der Gonscht vun der Stonn vun der Finanzkris profitéiert, fir nach méi national Pouvoiren no Bréissel ze transféieren.

Dat heescht elo neierdénge „Semestre européen“ oder am Kader vun der „Gouvernance économique“, „Discipline budgétaire“. D'Nationalstaaten, d'Parlamenten gi soumat lues a lues, awer sécher ënnert d'Tutelle vun der Europäescher Kommission gestallt. Et bleift kee Spillraum méi fir d'national Parlamenten. D'Eckdate ginn zu Bréissel festgeluecht ënner Drohung vu Strofen, déi an der Diskussion sinn.

Wa mer haut zoustëmmen, musse mer dat muer och exekutieren. Da kommen natierlech erëm Politiker, déi sech muer wäerten iwwer Bréissel opreegen, wann do Décisionen kommen, vergiessen dann awer ze soen, datt si am Virfeld als national Parlamenten Bréissel dee Pouvoir do ginn hunn. Deenen nationale Parlamenten fält dann nach just d'Roll zou, déi op europäeschem Niveau festgeluechten Eckwäerter duerchsetzen: Sozialofbau respektiv Steuererhéijung. Och hei muss ee sech d'Fro stellen opgrond vun eiser Verfassung, ob et iwwerhaupt méiglech ass, datt Lëtzebuerg kann esou Souveränitéitsrechter un Europa ofginn.

D'ADR ass dergéint, fir weider Souveränitéitsrechter un Europa ofzetrieden. Europa ass an deem Sënn eng Gefor fir eis national Identitéit, Souveränitéit, jo, eng Gefor fir eise Sozialsystem.

Europa - System: Här President, wann ech soen: „Europa ass eng Gefor fir eise Sozialsystem“, esou huet den 31. August de President vun der Europäescher Zentralbank, den Här Jean-Claude Trichet, an enger Sitzung vun de Finanzministere vun der Eurozon am Zesummenhang vum Lëtzeburger Indexsystem gesot: «La fin de ce système s'impose.» Dat heescht, den Här Trichet trëtt derfir an, datt den Indexsystem hei zu Lëtzebuerg misst ofgeschaf ginn.

Ech hunn an enger Question parlementaire un eise Premier eng Fro gestallt, ob de Lëtzeburger Premier darselwechter Meinung wier wéi de President vun der Zentralbank, den Här Trichet. Den Här Juncker huet versicht, dat ze klären an ze erklären an huet e bësse ronderëmgeschriwwen a schreift dann: „D'Regierung huet net wëlles, déi automatesch Indexéierung vun de Léin ofzeschaffen.“ Mä si géif mat de Sozialpartner iwwer eng Modulation vun der Indexéierung vun de Léin verhandelen, am Fall, wou d'Inflation zu Lëtzebuerg riskéiere géif, méi héich ze bleiwe wéi bei eisen Nopeschlänner. „Si“ - also d'Regierung - „kann och net vum Eurogroup dozou gezwonge ginn.“

An du schreift 14 Deeg méi spéit, Här President, den Här Juncker sech selwer e Bréif. De 15. Oktober huet den Här Juncker als President vum Eurogroup dem Statsminister vu Lëtzebuerg, dem Jean-Claude Juncker, e Bréif geschriwwen. E Bréif, wou den Här Jean-Claude Juncker..., well jo Lëtzebuerg net konnt selwer ënnerschreiwen, duerfir huet dann du säi Vizepresident, den Här Didier Reynders, dee Bréif ënnerschriwwen. Mä et ass e Bréif vum Här Jean-Claude Juncker als President vum Eurogroup un de Lëtzeburger Statsminister Jean-Claude Juncker.

Den Här Frieden huet dee Bréif gëschter hei ernimmt, an den Här Lucien Thiel huet de Bréif de Moien och hei ernimmt. Den Här Lucien Thiel sot de Moien - ech zitieren e wuertwärtlech: „De Bréif ass begleet vu gudder Virschléi.“ Wat sinn dann an den Ae vun der CSV déi gutt Virschléi, déi de President vum Eurogroup, den Här Juncker, dem Lëtzeburger Statsminister Jean-Claude Juncker matgedeelt huet?

Do steet dran: „Fir d'Lounkäschten op den Niveau vun den Haaptkonkurrenten ze bréngen, muss als Prioritéit de System vum automateschen Index suspendéiert ginn.“ Weider heescht et: „Et ass wichteg, ganz schnell Moosnamen ze huelen, déi d'Ufankgehalter am öffentlechen Déngscht ofrosetzen, d'Käschte vum Chômage ofrosetzen, den Taux de remplacement bei de Pensionen ofrosetzen, den effektiven Alter, wou d'Salarié an d'Pension ginn, eropsetzen, ënner anerem duerch, datt d'Cotisationen fir d'Prétraite verschäerft ginn. Zousätzlech mussen d'Käschte vun de Krankeesse gedréckt ginn.“

Dat ass dee Bréif, Här President, deen de President vum Eurogroup Jean-Claude Jun-

cker dem Lëtzeburger Premier Jean-Claude Juncker geschriwwen huet a vun deem den Här Thiel gesot huet, eng Rei vu gudden Iddien wieren an deem Bréif dran.

Här President, wann een dat...

► **M. le Président.**- Här Gibéryen, erlaabt Der, datt den Här Thiel lech eng Fro stellt?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Selbstverständlich!

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Wou kommt Der drun, ech hätt gesot, dat wiere Virschléi, oder elo grad hutt Der nach en anert Wuert gebraucht? Ech hu gesot, et ware gutt Rotschléi. Wann Der zitéiert, wann ech gelift, zitéiert richteg!

(**Interruption**)

► **Une voix.**- Mä den Här Gibéryen hält dat net esou genee.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Oh neen, neen, neen! Ech hunn et...

► **Une voix.**- Virschléi a Rotschléi ass genee datselwecht.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Virschléi hutt Der gesot. Virschléi!

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Rotschléi!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Virschléi!

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Neen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- „....begleet vu gudder...“

► **Une voix.**- Rotschléi!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech hu mer et direkt opgeschriwwen,...

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Ma dann hutt Der et falsch opgeschriwwen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ...well ech geduecht hunn: „Den Här Thiel seet bestëmmt herno, ech hätt e falsch verstanen.“ Duerfir hunn ech direkt opgeschriwwen, wat e gesot huet.

(**Interruption**)

An ech gesi jo elo, datt ech gutt dru geden hat, fir et direkt opzeschreiwen.

(**Interruptions**)

Obschonn et Rotschléi oder Virschléi...

► **Une voix.**- Eng kleng Differenz!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Jo, jo! Mä fir lech bedeit et: Datselwecht muss geschéien!

► **Une voix.**- Et ass jo och en Ënnerschied tëscht Trésorerie a Konten.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, wa mer eis Suerge maachen iwwert dat, wat vu Bréissel op eis zoukënn a wat dat fir eis Sozialpolitik ze bedeiten huet, esou hu mer dat net méi spéit wéi haut confirméiert kritt. Wann Der haut am „Lëtzeburger Wort“ op der Säit 65 op der Wirtschaftssäit kuckt, do steet en Artikel mam Titel vum Här Juncker: „Harsche Kritik an Merkel“ iwwert d'„Euro-Bonds“, wou ech elo net wëll drop agoen, mä zum Schluss vun deem Artikel, do steet eng ganz interessant Matdeelung vum däitsche Finanzminister, dem Här Wolfgang Schäuble.

Ech zitéieren - an dann huelen ech den Artikel, fir datt nëmme kee seet, ech géif eppes Falsches hei zitéieren: „Für Spekulationen sorgen auch Überlegungen von Finanzminister Wolfgang Schäuble (CDU), der als denkbare Folge der Euro-Krise auf eine langfristige Entwicklung der EU zu einer politischen Union mit einer viel stärkeren Integration hingewiesen hatte. In dem Fall müssten nationale Parlamente ihr Budgetrecht an die EU abgeben. Bei einer heutigen Abstimmung darüber käme zwar eine Ablehnung, hätte Herr Schäuble im Interview kürzlich gesagt.“ Also wann haut géif ofgestëmmt ginn, wier eng Ablehnung komm. „Wenn sie uns aber einige Monate geben, um daran zu arbeiten, wenn sie uns auch die Hoffnung geben, dass andere EU-Staaten dem zustimmen, dann sehe ich eine Chance dafür.“

Do gesäit een also, wat kloer d'Absicht ass: Déi national Parlamenten sollen hire Pouvoir, d'Budgeten ofestëmme, u Bréissel ofginn. Dat ass den Hannergedanken, deen dohanner steet. A wa mer dat etappeweis maachen, fir dohinner ze kommen, wa mer elo vun engem „Semestre européen“ schwätzen, vun der „Gouvernance

économique“, da sinn dat schonn éischt Schrëtt, déi dohinner ginn, fir datt mer muer iwwerhaupt näischt méi hei an eise Budgeten ze decidieren hunn, mä datt dat alles zu Bréissel decidéiert gëtt.

Méi kloer, wéi et haut am „Lëtzeburger Wort“ ze liese war, wéi den Här Schäuble proposéiert huet, kann een et net soen. Da gëtt alles zu Berlin an zu Paräis decidéiert. D'national Parlamenten hunn näischt méi ze soen. Da geet et net méi - wéi mir alleguer am Prinzip heibanne soen -, datt europawäit misst e soziale Mindestloun agefouert ginn, mä da gëtt europawäit Hartz IV agefouert.

En anert Beispill, Här President, wéi mat där Salamtaktik Europa vis-à-vis vun eise Land virgeet, ass d'Bankgeheimnis, wat Stéck fir Stéck geaffert gëtt. Dat ass zu Feira ugaangen an dat ass e kontinuierleche Prozess. Och des Woch ass dee Prozess erëm weidergaangen, wéi erëm en Deel ënnert den Informationsaustausch gefall ass. Den Här Frieden huet vun dräi vu fënneg Kategorie geschwat, an der Press kann ee liese vu fënneg vun aacht. Et wier also vläicht och gutt, datt een eng Kéier géif an der Finanzkommission doriwwer am Detail diskutieren.

Mä all Kéiers, wa mer erëm e Stéck vum Bankgeheimnis opginn, da mécht den Här Finanzminister dräi Aussoen. Déi Éischt ass: Mir hunn eis erëm duerchgesat, mir hunn erëm alles gerett. Déi Zweet ass: Mir hunn alles behalen, wat mir wollten. An déi Drëtt ass: Dat war erëm e gudden Dag fir Lëtzebuerg an d'Finanzplaz.

A Wierklechkeet ass awer näischt gerett ginn, mä et ass erëm e Stéck weider opgi ginn. Firwat soe mer de Leit d'Wourecht och net do? Mir wëssen all, datt dat Bankgeheimnis op éiweg net ze halen ass. Et kann een de Leit dach soen: Mir hu missen aus där enger oder anerer Ursach erëm e Stéck opginn, mä mir hunn awer alt nach dat heite behalen. Mä dat ass schwéier, de Leit ze erklären, an dat weess d'CSV och, datt d'Leit dat dann net esou richteg verstinn.

Et misst een et am Fong anhand vun engem praktesche Beispill eng Kéier weisen, fir datt d'Leit et géife verstoen. Zum Beispill, wann een e Glas Waasser hëlt, Här President, an et seet een: „Fir eis ass dat Glas Waasser hei enorm wichteg, mir müssen dat behalen.“ An déi aus dem Ausland kommen a soen: „Neen, mir hätten dat Waasser gären!“, an da setzt ee sech do dergéint op, a wa se dann net ginn, da seet een: „Oh mäi Gott, dann huet alt eng Schlupp vun deem Waasser!“

► **Une voix.**- An?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- An da kënnt den Här Frieden, da seet deen net: „Mir hunn hinnen eng Schlupp vum Waasser ginn.“ Hie seet: „Hei kuckt, mir hunn erëm d'Waasser, mir hunn et erëm gerett! Et ass e gudden Dag fir Lëtzebuerg!“ An da steet am „Lëtzeburger Wort“ eng Foto, wéi gëschter: a Siegerposition, ganz Europa läit wéi e Wrack hannendrun als Charta. Mä mir hunn eist Waasser, eis Bankplaz gerett.

Da gëtt den Drock erëm weider ausgeübt, an da packe mer et erëm bal net: „Oh, da kritt Der alt erëm eng Schlupp.“ An da kënnt den Här Frieden erëm: „Ah, mir hunn eis erëm duerchgesat. Gesitt Der, mir hunn nach ëmmer Waasser am Glas, mir hunn als Lëtzeburger erëm alles gerett. Et ass erëm e gudden Dag fir Lëtzebuerg!“

Esou geet dat virun, Här President, elo kann den Här Frieden nach eng Schlupp, oder och vläicht zwou Schluppen, ginn - dat hänkt dovun of, wéi grouss datt den Drock ass...

► **Une voix.**- Dräi!

(**Hilarité**)

► **Une autre voix.**- Cabaret pur!

(**Hilarité**)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ...an dann ass d'Glas eidel. Dann hu mer ausgerett! Esou geet et och mam Bankgeheimnis hei zu Lëtzebuerg: Wann den Här Frieden fäer-



deg ass mat senge Rettungen, dann ass näischt méi ze retten do, dann ass d'Glas Waasser eidel, an d'Bankgeheimnis ass fort. Duerfir, Här President...

(Interruption)

► **Plusieurs voix.**- Aaahhh!

(Hilarité et interruptions)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...hei an der Chamber...

► **Une voix.**- Dat do ass et.

► **Une autre voix.**- Also esou einfach ass et, lech aus dem Konzept ze bréngen!

(Hilarité)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Här President, dat ass alles méiglech, well d'Politik iwwert d'Käpp vun de Bierger ewech décidéiert. Duerfir triede mir och derfir an, datt a wichtege Froen d'Politik sech dem Vollek stelle soll iwwert de Wee vum Referendum, sief dat an europäesche Froen, wa mer Souveränitéitsrechter ofginn, sief et a Froe vun der Verfassungsreform oder a wichtege Froen, wéi zum Beispill dem Tram. Do soll d'Politik de Courage hunn, fir virun d'Bierger ze goen, eng Diskusioun ze maachen an dann och d'Leit doriwuer décidéieren ze looszen, an och déi Décisioun, dat Wahlresultat ze akzeptéieren.

Här President, mir hunn eng Rei vu Propositione gemaach, wéi mer méi Transparenz an d'öffentlech Finanzen wéilte kréien, wat - ech brauch dat haut net méi alles hei ze ernimmen - mer gäre vun Donnéeën hätten. Mir hätten och gären, datt beim Stat soll emol selwer gespuert ginn. D'Frais de fonctionnement, wou am Fong eng lächerlech Zomm vu 34 Milliounen, wat 0,3% vum Statsbudget ausmécht... Mir soen och, datt eise Stat net ka weiderfueren - an dat soe mer ganz kloer -, wéi dat 2009, 2010, 2011 de Fall war, wou mer am Schnëtt, kann ee soen, 1 Milliard pro Joer Defizit maachen. D'Statsfinanze sinn net gesond, an e Land ka sech dat - a virun allem e klengt Land - net leeschten.

Mir müssen also duerfir Efforte maachen, fir de Statsbudget an den Équilibre ze bréngen. Duerfir muss et ee fir alle Mol ophale mat der Geldverschwendung, déi een nach ëmmer beim Stat mécht! Wann een och mat de Leit an de Verwaltungeschwätzt, déi soen engem, datt dat net géif stëmmen, wat hei ëmmer gesot gëtt, datt se géife bremsen. Si soen, et ass bei eis nach näischt ukomm an et leeft am Prinzip nach genausou virun, wéi et ëmmer virdru gelaf ass. Och d'Aschränkung vun de sougenannten „Crédits non limitatifs“ oder „sans distinction d'exercice“: Dat misst absolut reduzéiert ginn!

D'Simplification administrative: Et ass scho bal lächerlech, datt mer nach ëmmer driwwer schwätzen! Ech sinn elo 22 Joer hei an deem Haus, et gëtt schon 22 Joer doriwwer geschwat, an ech fäerten, datt net eis Kanner, mä nach eis Enkelkanner wäerten eng Kéier doriwwer schwätzen. D'Duerchforstung vun de Subventionen an de Subsidien, d'Reduzierung vun de Publizitéitscampagnen vun den eenzelne Ministären... D'Entwécklungshëllef, si mer der Meenung, sollte mer op 0,7% limitéieren a mer sollte versichen, dat Geld prioritär de Lëtzebuergesche Betriber zoukommen ze looszen. D'Ofschaffung vum Chancégläichheetministère, wou mir der Meenung sinn, dat misst am Prinzip normal sinn, datt dat an all Ministère géif gemaach ginn, an datt een duerfir net en neie Ministère misst schafen. An do gëtt et der nach eng Rei, ech sprangen driwwer weinst der Zäit.

Mä awer och d'Prioritéite bei den Investitiounen: Sämtlech Investitiounen an Infrastruktur müssen no Prioritéiten opgestallt an zäitlech esou realiséiert ginn, datt se de budgetäre Méiglechkeeten entsprechen. D'Zweckméissegkeet muss d'Prioritéit hunn, an net d'Prunkbauten. Haut wësse mer, wat déi Prunkbauten, déi déi lescht Regierungen hei am Land opgeriicht hunn, eis kaschten, wat se eis als Frais de fonctionnement kaschten. Wa mer géife kucken, wat d'Zweckméissegkeet vu ver-

schiddene Gebaier ass, dann ass dat an absolut kengem Verhältnis zu deem, wat investéiert ginn ass.

Et müssen och Investitiounen zrëckgestallt gi respektiv gestrach ginn. Mir sträichen, dat ass näischt Neies: den Tram, de Militärfliiger, e-Go - do géife mer ophalen, nach weider Gelder an eppes ze investéieren, wat ëmmer defizitär ass an defizitär wäert bleiwen an och net an engem Verhältnis steet, wat do investéiert ginn ass an nach weider investéiert gëtt, zu deem, wat een do kann erausdrécken -, d'Zuchstreck vun der Gare op de Findel. A mir hu jo och géint eng Sanéierung vun den Héichiewe gestëmmt, well mer der Meenung sinn, och dat ass an dësen Zäiten net ubruecht, fir dat ze maachen.

Aner Projeten, wéi d'Autobunn Stengefort - Diddeleng: zrëckgesat ginn, Velodrom..., ech brauch dat hei net alles ze widderhuelen.

E puer Wieder nach zu de sozial- a steierpolitesche Moosnamen: D'ADR ass derfir, fir den Index bäizebehalen. Den Här Lux huet de Moien hei gesot: „D'LSAP bleift stoen!“ Ech hat eng Kéier gesot: „D'LSAP bleift esou laang stoen, bis se ëmfällt!“ An elo hunn ech gesot, si wier e bëssen ëmgefall. Den Här Lux huet gesot, dat géif et net ginn, e bësse schwanger géif et net ginn, et wier ee schwanger oder net schwanger.

Dat stëmmt, Här Lux! Awer beim Index kann een e bëssen ëmfalen, an Dir sidd jo och schon e bëssen ëmgefall: Et si schon eng Rei vu Moosnamen an där leschter Legislaturperiod geholl ginn. Mir hunn der och elo geholl, wéi mer zum Beispill - wat och fir mech eng Manipulatioun ass - d'Waasserwirtschaftsrichtlinn ëmgesat hunn an do an d'Gesetz agesat hunn. Déi Haussen, déi um Waasser an den Ofwaassertaxen, déi sinn indexneutral, steet an deem Gesetz. Déi vum Statec hunn eis gesot, datt déi Haussé 5% ausmaachen, an zwar genausou vill, wéi d'Haussé vum Carburant géifen ausmaachen, just, datt se net am Index berücksichtegt ginn. Also, Dir sidd schon e bëssen ëmgefall, a mir si jo nach net um Enn vun dëser Legislaturperiod ukomm!

Mir sinn d'accord, aus dem Indexwuekeruef Tubak an den Alkohol erauszehuelen.

D'ADR ass da géint déi familljepolitesch Regierungspropositionen, déi ënnerstëtze mer net: wou hei d'Kannergeld net méi indexéiert gëtt, wou déi Mammen, déi doheem sinn, d'Chèque-servicen net kréien, an och elo nach d'Mammerent ëm fénnef Joer gekierzt gëtt.

Et ass hei gesot ginn, datt de Stat géif vill an d'Familljepolitik investéieren. Här President, dat stëmmt, mat 1,6 Milliarde gëtt vill dran investéiert. Mä et muss een awer wëssen, datt de Stat net an déi Familljen investéiert, déi d'Kannerbetreuung selwer maachen. Déi gi vun dëser Regierung bestrooft a se mussen souguer zum Deel hëllefen, deenen aneren hir Kannerbetreuung ze bezuelen.

Ech erkläre mech: Et ass de Moien och hei gesot ginn, datt doduerch, datt de Stat d'Kannergeld desindexéiert huet, de Stat 100 Milliounen gespuert huet an deene leschte Joren. Déi 100 Milliounen sinn du geholl ginn, fir a Crèche an a Maison-relais, an Infrastrukturen ze investéieren. Dat heescht also, déi Mamm, déi doheem bleift, déi d'Kannerbetreuung selwer mécht, déi kritt manner Kannergeld, an doduerch muss se hëllefen Infrastrukturen ze bezuelen, vun deene se net profitéiert. Et ass also esou: Hei gëtt wuel vill an d'Familljepolitik investéiert, mä déi Familljen, déi sech décidéieren, hir Kannerbetreuung selwer ze maachen, déi gi vun dëser Regierung gestrooft.

Weider si mer dergéint, datt d'Krisesteier - dat hu mer d'lescht Woch hei gesot - oder datt d'TVA soll erhéicht ginn. Mir sinn awer fir eng Bankenabgab op internationalem Niveau a mir soen och, datt déi Posten, déi an der Fonction publique fräi ginn, net méi mussen besat ginn, wann déi Posten net onbedéngt mussen besat sinn, an datt een och e Changement an den Administratiounen soll méi flexibel maachen.

Déi Steierpolitik, déi d'lescht Woch hei décidéiert ginn ass, déi wäert d'Famillje

schwéier treffen. Well et dierf een net nëmmen déi Politik huelen, mä et muss ee se an der Kombinatioun kucken, an den Här Lux huet de Moien hei eng Rei vu Beispiller gemaach, mä dat huet sech reng op d'Steierpolitik beinhalt. An Der hutt jo am Prinzip och nëmmen d'Krisesteier an d'Solidaritéitssteuer, mä et muss een och wëssen, datt déi gréisste Steiererhéijung d'Netupassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun ass, an dat mécht 100 Milliounen d'Joer aus.

Fir et an Erënnerung ze ruffen: D'Krisesteier kascht 85 Milliounen, d'Solidaritéitssteuer 43 Milliounen, d'Netupasse vun der Steiertabell kascht de Steierzueler 100 Milliounen. Mä et muss een och nach derbärechnen, wat d'Leit un Taxen - souwuel bei de Gemengen, déi obligéiert sinn, e Gesetz ëmzesetzen - mussen bezuelen, wat se bei der Krankekeess, bei de Participatiounen an de Spideeler, bei den Dokterinnen a Kuren an Zukunft mussen weider bezuelen. Et muss een also e ganze Pak huelen, et kann een net ee Modell eraushuelen, well jiddwerengem seng Dépense setze sech aneschtens zesummen.

Här President, nach e Wuert zum Chômage: Am Juni 2000 hat Lëtzebuerg 4.422 Leit am Chômage plus 2.092 Leit a Beschäftigungsmoosnamen, also 6.514 Leit am Ganzen. Firwat huelen ech de Juni 2000? Mä, well am Juni 2004 Wahle waren. An am Juni 2004, do war de Chômage op 7.285 eropgaangen, an an de Beschäftigungsmoosnamen waren 3.802 Leit dran. Dat gëtt also zesummen 11.087 Leit, déi do am Chômage waren. An d'Sozialisten, Här President - duerfir hunn ech de Juni geholl -, déi hunn am Juni 2004 grouss Plakater am Land opgehaangen, wou se gesot hunn: „Hei, kuckt emol, wéi ass an der leschter Legislaturperiod de Chômage an d'Luucht gaangen, ëmmerhi bal ëm 5.000 Plazen!“ A si hunn do grouss drénner geschriwwen: „Mir paken et un“.

Dat ass eppes, wat ee verhält, wann een esou grouss Plakater am Land ophängt a seet: „Mir paken dat un“. D'Leit hunn et jo och gegleeft.

(Interruption)

An d'Leit hunn et jo och gegleeft! Zënterhier sinn d'Sozialisten...

► **Une voix.**- Wéi ass et da mat Äre Plakater?

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...an der Regierung, an zënter dem Juni 2004, datt d'Sozialisten an der Regierung sinn, ass de Chômage vun 11.000 op 18.500 eropgaangen. Wou ass Äert Plakat „Mir paken et un“? Et wier besser gewiescht vläicht, Dir hätt et net ugepaakt, well méi dramatesch hätten d'Chômagezuelen net kënnen an d'Luucht goen, wéi se an d'Luucht gaange sinn, wéi zënter datt d'Sozialisten an der Regierung sinn.

Här President, de Chômage ass e ganz groussen, en eeschte Problem, dee mer hei am Land hunn. Wa mer eiser Jugend keng Perspektive méi kënnen ginn, wann eis Jugend keng Plaze méi fënnt, dann ass dat eng grouss Gefor fir déi sozial Zesummenhängekeet hei am Land. Duerfir muss séier do eng Reform komme vun der ADEM. D'Regierung huet praktesch dräi Joer verluer, fir driwwer ze streiden, ob dat soll en Établissement public ginn oder net. Mir hu vun d'Ufank u gesot, datt dat fir eis net wichteg ass, ob et en Établissement public ass, dat kënnen fir eis och Fonctionnaire sinn.

Wichteg ass, datt d'ADEM eng Struktur kritt, eng Form kritt, wou se kann effikass am Interessi vun deene Leit schaffen, déi eng Aarbecht sichen, datt déi Leit kënnen begleet ginn, an datt net ee Placeur honnerten, fir net ze soen dausende Leit mussen traitéieren, fir deenen eng Aarbecht ze sichen. Mir müssen op déi Leit zougoen, mir müssen deene Leit erëm Perspektive ginn, an duerfir ass déi Reform méi wéi iwwerfäleg.

Mir brauchen ëmmer méi Leit hei am Land a mir ginn der ëmmer méi an d'Grenzregiounen sichen. Dat beweist jo, datt eppes faul hei am Land ass, wa mer müssen ëmmer hei Aarbechtsplaze schafen a mer müssen ëmmer méi Leit an d'Grenzregiounen siche goen, an eis Leit ginn ëmmer zu méi enger grousser Zuel an de Chômage. Dat gëtt sozial Spannungen hei am Land, an d'fir ass dann d'Regierung res-

ponsabel, wann déi Spannungen kommen, well se versot huet - iwwer Joren -, fir de Problem unzepaken.

Här President, ech wëll ofschléissend nach e puer Wuert iwwert d'Pensiounen hei soen. Eis Pensiounskeese sinn am Abléck gesond. Virun allem, wa mer soen „eis Keesen“, da schwätze mer vun deenen am Privatsektor, wou mer praktesch zéng Milliarden op der Sait leien hunn, wou et nach all Joers nach e groussen Iwwerschoss gëtt. Am öffentleche Sektor hu mer aus Tradition hier keng Pensiounskeesen, déi ginn aus dem Statsbudget bezuelt. Och dee Chiffer ass geschéier hei genannt ginn: Vu 500 Milliounen, déi dat d'Joer kascht, kënnen mer am Abléck iwwert d'Cotisationsen ee Véirel decken.

Mir wäerten net derlaanscht kommen, fir laangfristeg Upassungen un deenen zwee Regimer ze maachen, ouni datt mer duerfir awer mussen massiv Aschnëtter maachen. Mä wa mer gären eise Pensiounssystem laangfristeg op stabil Bee setzen, mussen mer - genau wéi ech virdru gesot hu bei der Scholdespiral „matzäiten“ - och bei de Pensiounskeese matzäiten driwwer diskutéieren.

Mir sinn als ADR op, fir esou eng Diskusioun ze féieren, déi op de Prinzipien muss baséieren vun der nationaler Solidaritéit. Et muss sech am Kader vum bestehendem System bewegen, et muss d'Émlageverfahre bleiwen, an all Ännerungen, déi mer huelen, mussen selbstverständlech fir déi zwee Secteuren sinn. Mir sinn der Meenung, wa mer matzäiten ufänken, datt dat dann - ouni brauchen Aschnëtter ze maachen, déi net verkraftbar wieren - méiglech ass, an datt mer dann och deene Generatiounen hannendru kënnen e gudd Pensiounssystem garantéieren, egal, ob se am privaten oder am öffentleche Sektor schaffen.

Här President, wann een esou eng Ried zum Budget hält, dann ass et jo normal, datt een zum Schluss ëmmer seet, datt een dee Budget net stëmmt als Opposition, an dann denkt een ëmmer: „Wat seet een zum Schluss?“ Dat sinn dann och ëmmer gären esou Floskelen, déi eng Tradition kréien, an duerfir, Här President, wollt ech am Fong dës Kéier d'Schlussuert net vun eiser Sait aus ginn, mä ech wollt dat Schlussuert dem President vum OGB-L, dem Jean-Claude Reding, ginn.

Den Här Reding krut an engem Interview vun der „Revue“ virun e puer Wochen d'Fro gestallt: „Was für ein Zeugnis stellen Sie der Regierung aus?“ D'Äntwert war: „Kein gutes! Sie lässt sich zu sehr von neo-liberalen Gedanken beeinflussen.“

(Hilarité)

Die Regierung schadet uns.“ Wann de President vun der LSAP hirem gréisste Supporterclub esou ee vernichtend Urteil iwwert d'Regierung fällt, bleift mir näischt méi ze soen!

Ech soen lech Merci.

(Interruption)

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Gibéryen Merci. Als nächste Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn eng herrlech Definitiou fonnt vun der politescher Muecht, vun engem amerikanesche Gesellschaftswissenschaftler. „Muecht“, sot en, „ass d'Fäegkeet, sech et leeschten ze kënnen, net bäizelieren.“ Kéint deen...

Ech brauch et jo net nach eng Kéier ze widderhuelen, gell?

► **Une voix.**- Dach, wann ech gelift.

► **Plusieurs voix.**- Dach!

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Awer net mat der Zäit.

► **Une voix.**- Jo, jo, dat ass an der Rei. Dat ass an der Rei.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Net mat der Zäit!

► **Une voix.**- Jo.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- D'Muecht ass d'Fäegkeet, sech et leeschten ze kënnen, net bäizelieren.

► **Une voix.**- D'CSV weess dat, Här Hoffmann, scho laang.



► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*).- Okay. Net nach eng Kéier, gell?

(Interruptions)

Kéint deen - dee Wëssenschaftler - d'Verhale vun de politeschen a wirtschaftleche sougenannten Eliten an Europa am Moment observéieren, da misst e sech wuel bestätegt fillen.

Wéi et virun dräi Joer geklaakt huet, dunn huet ee sengen Oueren net getraut. Bal an enger Nuecht war bal jiddwereen, och hei zu Lëtzebuerg, zu engem heftege Kapitalismuskritiker ginn. Dat ass entre-temps natierlech e bëssen anescht. D'Banke si gerett, enfin, bal gerett. On ne sait jamais! Oh mei! Si maachen erëm säfteg Geschäfte, zum Deel erëm mat ongedeckte Schecken, an duerfir si se net definitiv gerett. D'Spekulatioun geet weider.

Déi staatlech Finanzen rëtschen an den Defizit an an d'Scholden, a berappe mussen haaptsächlech déi, déi vun hirem Loun liewen. A wa se sech dat net wëlle gefale loosse, da si se net reformbereet, heescht et. Och déi lëtzebuergesch Regierung leet eng Rechnung op den Dësch, déi virun allem vun dem Salariat soll bezuelt ginn. Ech widderhuelen d'Zifferen net nach eng Kéier - ech hunn der scho genannt bei der Diskussioun iwwert d'Krisesteieren -, se sinn nozeliesen an den Avisen vun de Chambres professionnelles. Ech hunn d'lescht Woch zu deem Steuerpaket och an den Detailler Stellung geholl. Ech wëll dat net nach eng Kéier widderhuelen.

Just awer e puer Prezisiounen: D'Steuerpolitik vun deene leschte Joren - dat muss een awer ëmmer erëm widderhuelen - huet jo haaptsächlech doranner bestanen, ëmmer méi Cadeauen un déi héich Revenuen, Verméigen a Benefisser ze verdeelen. Dat wier den allgemengen Trend an Europa gewiescht, sot de Finanzminister. A wou e Recht huet, do huet e Recht: Dat war den allgemengen Trend. Dee koom aus Amerika an aus England, dat wësse mer, deen Trend.

Wat hien Trend nennt, dat nennen ech Steiersenkungswahn. Dee Steiersenkungswahn, deen huet natierlech zesummegehaange mat enger kräfteger Stats-Phobie, also ëmmer manner Stat, an natierlech och mat enger kräfteger Sozialtats-Phobie, well et ass jo evident, wann een no uewe verdeelt, da muss een ënne spueren oder kieren, an ëmgedréit. Dee Steiersenkungswahn, deen hu mir also hei zu Lëtzebuerg ganz kräfteg nogemaach. An ech ka wierklech an Ärer aktueller Politik net entdecken, dass Dir an där doter Fro d'Kéier géift huelen.

De Spëttesteiersaz, deen erhéicht Der vun 38% op 39%. Dat ass fir mech net vill méi wéi eng Kosmetik an där doter Fro. Dat ass wierklech net eng Stärkung wierklech vun der Progressivitéit. A bei der Krisesteier gitt Der carrément erëm an déi ëmgedréite Richtung.

Den Här Bodry huet a sengem Rapport drun erënnert, dass eis Regierung eng Etüd wollt maache loosse iwwer eng „flat tax“, eng „flaach Steuer“: déi ongerechtste Steuer, déi ee sech virstelle kann! Deeselwechten Taux fir all Revenu, egal wou en hierkënn, egal wéi héich en ass. Eng Steuer also, déi all Ëmverdeelung ausschléisst an noutgedrungeneweis zur Konzentratioun vum Rächtum uewen op der gesellschaftlecher Leeder muss féieren.

Den Här Bodry stellt da mat Satisfaktioun fest, d'Regierung hätt déi Iddi vun där Etüd opginn. Mir schéngt dat awer net ganz esou de Fall ze sinn, well mat där neier Krisesteier féiert Der eng Zort „flat tax“ an. Vlächcht als Test geduecht, fir eng Kéier méi wäit ze goen? Zwar gëtt de Mindestloun ënnen ausgerechent, an doduerch entsteet ënnen effektiv eng gewësse Progressivitéit, awer dann, no engem ganz ausgeprägte Mëttelstandsbockel - nach vill méi bockel, wéi deen an der Akommessteuer, wéi deen an der normaler Akommessteuer -, flaacht d'Be-laschtung uewen of, also Richtung „flat tax“.

Hätt Der wierklech de Steiersystem wëlle méi gerecht maachen, dann hätt Der zum Beispill d'Progressivitéit op der Akommessteuer misse stäerken duerch eng substantiell Erhéijung vum Spëttesteiersaz, gläichzäiteg mat engem Ofschlächte vun deem bekannte Mëttelstandsbockel, an och

duerch méi eng héich Besteuerung vun deene Benefisser, déi net investéiert ginn. Den Här Lux huet haut de Moien nach eng Kéier déi Zuele genannt, déi ech schonn d'lescht Joer hei genannt hunn, a wou ech lech och en Tableau gewisen hunn, wéi déif dass hei zu Lëtzebuerg d'Steieren op de Betriber sinn, am internationale Verglach.

Da wëll ech och nach eng Kéier widderhuelen - well dat huet den Här Lux net widderholl -, dass hei zu Lëtzebuerg d'Benefisser iwwerduerschnëttlech héich sinn an dass den Deel vun de Benefisser, deen erëm investéiert gëtt, iwwerduerschnëttlech niddreg ass. Dat heescht also, mir hätten eigentlech Intérêt drun, wa mer Investitiounen wëlle favoriséieren an Aarbechtsplaz favoriséieren, dass mer déi net investéiert Benefisser méi staark besteieren.

Héich Steieren - ech hunn déi Steuer-Phobie net, déi anerer hunn, och net bei mir selwer -, héich Steiere sinn ëmmer verbonne mat engem relativ staarken Sozialstat. Dat hu mer jiddefalls an de 60er, 70er Joren als Beispill gehat an de skandinavische Länner - dat huet sech entre-temps zwar och e bësse geännert -, do hate mer ëmmer e relativ héicht Steueropkommes, virun allem natierlech entsprechend der Capacitéit, a gläichzäiteg e relativ wäit entwéckelte Sozialstat.

Ech weess net méi, wien op d'Iddi koom ass ze behapten - ech hunn et och net nogesicht -, et géif hei zu Lëtzebuerg x Prozent vu Leit ginn, déi keng Steiere géife bezuelen. De Minister Frieden huet gëscht nach eng Kéier gesot, 5% vun de Leit géife 50% vun de Steiere bezuelen. Do stëmmt eppes net. Do stëmmt eppes net! Et gëtt hei zu Lëtzebuerg keen, deen hei lieft, a keen, deen hei schafft, dee keng Steiere bezilt. Dat gëtt et net!

Bei all Akaf bezuele mer Steieren, virun allem natierlech TVA. Also, wann een d'Steiere beschwätzt, da muss een natierlech d'indirekt Steiere mat aberechnen. Déi TVA, déi mécht entre-temps ee Véirel bal vun de gesamte Recettë vum Stat aus. A wa mer déi aner indirekt Steieren, Accisen a wat et nach esou dorëmmer gëtt, derbärechnen, da si mer iwwer engem Drëttel vun de gesamte Recettë vum Stat!

Dir wësst alleguerten, dass d'indirekt Steiere prinzipiell méi ongerecht si wéi direkt Steieren, well se déi kleng Akommesse méi staark belastsche wéi déi héich. An dass et ënnerschiedlech TVA-Tauxe gëtt, dat ännert dorunner och héchstens marginal eppes, well se onofhängeg si vum Revenu. De Millionär bezilt och nëmme 3% TVA op sengem Brout. An de Mënsch mat dem Mindestloun bezilt och 15% TVA op sengem klengen Ordinateur. Dat heescht also: onofhängeg vum Revenu, also grondsätzlech eigentlech ongerecht.

Ech wëll nach eng Kéier insistéieren op d'Wichtigkeet vun der Steuerdiskussioun. Et geet net einfach drëm, d'Statskeesen ze fëllen, an dann d'Geld zu der Fënster erauszegeheien. Dat ass net d'Thema.

Ech sinn also och absolut der Meenung, dass mer d'Ausgaben, souwuel Fonctionnementsausgabe wéi Investitiounen, och no strenge Kritären evaluéieren. Da kënnt et awer drop un, wéi eng Kritären dat sinn. Dat kann net ëmmer fir mech nëmme d'Leier vun der Kompetitivitéit sinn, wou menger Meenung no kee Problem besteet, sondern dat misst sozial, ekologesch, kulturell Kritäre sinn, also eigentlech déi verschidden Dimensionen vun der nohalteger Entwécklung.

Och d'Recettë mussen dann no strenge Kritären evaluéiert ginn. Well Recetten an Dépensen hänken zesummen a missten eigentlech kohärent sinn, och an de Kritären, no deenen ee se evaluéiert. D'Kritäre vun de Recetten: Eng gerecht Verdeelung a Richtung vun enger méi egalitärer Gesellschaft ass eis Positioun, de Kritär vun der gesellschaftlecher Utilitéit. Mir brauchen keng Promotioun vum Risikokapital. Mir hunn es schonn ze vill! Mir brauchen also och keng Accumulatioun vum private Rächtum. Mir hunn es schonn ze vill!

Mat deenen enorme gesellschaftleche Verännerungen, mat deenen Erausforderungen, mat deene mer konfrontéiert sinn - dat betrëfft déi heiteg an déi zukünfteg gesellschaftlech Bedierfnesser -, brauche

mer virun allem staark öffentlech Ressourcen, deenen hir Verwendung an hir Verdeelung mer och demokratesch kontrolléiere kënnen; an net private Rächtum, deen entweder an de Konsum geet, deen net mat nohalteger Entwécklung vereinbar ass, oder an de Blose vun de Finanzmäert déi Krise provoziert, déi mer kennen.

Mir brauchen eng seriö Debatt hei zu Lëtzebuerg iwwert d'Verhältnis vun onproduktivem, privatem Geldkapital op där enger Säit, an der öffentlecher Demande an enger öffentlecher Produktioun vun allgemengen, nützleche Gidder a Servicer op där anerer Säit. Deen Débat, dee gëtt net genuch gefouert!

Duerfir brauche mer och menger Meinung no Strukturreformen, effektiv. Ech muss lech awer soen, wann ech entre-temps dat Wuert Strukturreform héieren, da gëtt et mer schonn e bëssen ellen. Well, wat esou als Strukturreform dohierkënn, dat ass an deene leschte Jore ganz oft näischt anescht wéi eng Regressioun. Dat gëllt um europäesche Plang, dat gëllt um nationale Plang. Och déi europäesch Gouvernance riskéiert a Richtung ze goe vu Strukturreformen, déi a Wierklechkeet sozial Regressiounen bedeuten.

An déi berühmte selektiv Sozialpolitik, déi de Finanzminister nach eng Kéier gëscht hei ernimmt huet: Däerf ech drun erënnere, Caritas Almanach vun dësem oder leschem Joer, „das Unwort des Jahres“: selektiv Sozialpolitik. „Das Unwort des Jahres“! Dat ass och esou eng Tendenz: selektiv Sozialpolitik a Richtung vu Strukturreformen, déi a Wierklechkeet den Ofbau vun engem Sozialstat bedeuten, deen net op déi cibléiert Aarm einfach esou geriicht ass, sondern deen universell Rechter fir jiddweree garantéiert, wéi se zum Beispill am Prinzip an eiser Sécurité sociale verankert sinn.

Mir brauchen aner Strukturreforme wéi déi sougenannte selektiv Sozialpolitik. Mir brauchen aner Strukturreformen! Ech wëll lech der e puer nennen: Dass hei zu Lëtzebuerg de Mindestloun ënnert der Aarmutsgrenz läit, dass et ëmmer méi Leit gëtt, déi eng Aarbecht hunn an awer aarm sinn - „working poor“ nennt een dat entre-temps, et muss ee jo ëmmer Englesch schwätzen -, dat ass dach wuel e strukturelle Problem! Wier et dann net eng Strukturreform beispillsweis, de Mindestloun ze koppelen un e Prozentsaz iwwert der Aarmutsgrenz?

Déi Etüd Unicef, déi ass schonn elo haut, mengen ech, zwee- oder dräimol ernimmt ginn, iwwer Kannerarmut an allgemeng iwwer Ongläichheeten hei zu Lëtzebuerg. Et muss een awer net déi Etüd hunn. Och déi Etüd, déi all Joer gemaach gëtt, mat dem Titel „Travail et cohésion sociale“, och déi weist op, wéi an deene leschte Joren eischtens d'Zuel vun de Leit mat Aarmutsrisiko - de Prozentsaz - an d'Luucht geet, an anerersäits, wéi hei zu Lëtzebuerg sozial Ongläichheete sech weiterentwéckelen. Do wier e Pak unzuegoen a puncto Strukturreformen!

Zweetens, de Chômage: Ech hu leider keng Zäit fir eng Debatt iwwer Aarbechtslosegkeet a Mëttelen dergéint. Ech muss lech just soen: Et kann dach net sinn, dass mir einfach feststellen, wat de Statec eis seet! An dee seet eis, d'Aarbechtslosegkeet, déi geet an deenen nächste Joren an d'Luucht. Bis 7% gesi se elo emol viraus, duerno geet et weider. An da kucke mer no, mir maachen eng Reform vun der ADEM - näischt géint eng Reform vum Arbeitsamt -, ech soen lech just elo schonn: Och eng gutt Reform vum Arbeitsamt féiert net dozou, dass mer den Taux vun der Aarbechtslosegkeet hei substantiell erofsetzen.

Well d'Ursaachen net esou séier an der Vermittlung leien, sondern wéi d'Ursaachen haaptsächlech a strukturelle Problemer leien, dat heescht also, dass mer - net nëmme zu Lëtzebuerg - net wierklech genuch Aarbechtsplaz fir jiddwereen hunn. An Dir maacht ëmmer déiselwecht Rezept: Cadeauen un d'Enteisen, an der Hoffnung, da géife Leit agefallt ginn. Dat maache mer elo schonn zënter 20 Jore. Zënter dass de Premier selwer eng Kéier hei gesot huet, elo wier e mat sengem Latäin um Enn, fuere mer awer nach ëmmer mat deene Rezepten weider.

Eis Wunnengsproblematik: Do huet och de Premier scho viru Jore gesot, d'Regierung an och hien hätt doranner versot. Et ass entre-temps net vill besser ginn. Mir bräichten natierlech eng seriö Reform vun de Präisser, vun den Terrainspräisser, vun de Baupräisser etc. Ma wa mer den Zesammenhang tëschent Aarmut a Wunnverhältnisse - well dat ass en Thema, grad fir Kanner, grad fir Kanner, awer Wunnen als Mënscherecht -, wa mer dat eescht huelen, da brauche mer eng substantiell Auswäitung vum soziale Wunnengsbau. Mir sinn eent vun deene Länner mat deem niddregsten Undeel vu Sozialwunnenge wäit a breet, jiddefalls am Verglach zu eisen Nopeschlänner. Ech soen emol - dat hu mer gesot -, mir bräichten an der Gréisstenuerdnung vun 10% op d'mannst Sozialwunnengen, 10% vum gesamte Wunnbestand.

Bei där ganzer Evolutioun vu gesellschaftleche Bedierfnesser - wat eng Erausforderung bedeit - stellt sech natierlech d'Fro vum Partage, stellt sech engersäits d'Fro vum Partage tëschent deene verschiddene soziale Gruppen, och Revenuen, Kapital-Revenuen aus der Aarbecht, an anerersäits natierlech: Wou setzt ee bei der Uwendung vum PIB, vum geschafene Rächtum, Prioritéiten? Do muss een dann natierlech no Kritäre vu wierklech gesellschaftleche Bedierfnesser fueren.

A vu dass ech muss zum Schluss kommen, dann nach dat hei. Ech hunn zweemol an deene leschte Méint deelgeholl un Atelier, déi organiséiert ware vum Wirtschafts- a Sozialrot a vum Nohaltegekeetsrot iwwert déi ganz Problematik: Wuess-tum, Verdeelung, nohaltege Entwécklung an esou weider an esou fort. Hei, an eisen Debatten, keen Echo! Also keng Debatt iwwert déi grondsätzlech Entwécklung vun eiser Gesellschaft, weder am soziale Sënn nach am ekologesche Sënn, keen Débat. An duerfir nach eng Kéier, wéi gesot: D'Muecht ass d'Fäegkeet, sech et leeschten ze kënnen, net bäizeléieren.

Merci.

Ech brauch jo net ze soen, dass ech de Budget net stëmmen, gell?

(Hilarité)

► **M. le Président**.- Merci dem Här Hoffmann, an als nächste Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat eng Ried virbereet, an dunn de Moien, wéi awer d'Aussoe vum Fraktiounschef vun der LSAP komm sinn, hunn ech se misse ganz ëmschreien. Firwat, Här President? Well et fir mech einfach wichteg ass, als Politiker, dass an enger Krisesituatioun Eierlechekeet, Responsabilitéit an der Politik grouss-geschriwwen muss ginn.

D'Situatioun ass am Moment net schéinzerrieden. Am Moment soll kee soen, dass et dobusse gutt geet. Dir braucht nëmme déi lescht Zuelen iwwert de Chômage ze gesinn, Dir braucht nëmme d'Situatioun ze gesinn, de leschte Rapport vun der Unicef iwwert den Aarmut an och den Aarmut bei de Kanner. Et soll een an der Politik och eng grouss Maxime hunn - dat huet och den Här Thiel de Moie gesot -, et soll ee soen, wat ee wëllt maachen, et sollt een och maachen, wat ee gesot huet.

Firwat, Här President, insistéieren ech op déi Punkten? Erlaabt mer e kleng Réckbléck. E kleng Réckbléck, wou den Här Frieden net ze beneiden ass, dee fir d'Éischt e Pak vu Mesurë presentéiert huet an der Lëtzeburger Press, op enger Pressekonzferenz, wou ech iwwerraschenderweis ganz eleng souz - et souz keen anere vun de Majoritéitsparteien dobäi -, a wou den Här Frieden do ganz eleng d'Spuermesuren an d'Propositiounen, déi dës Regierung wollt zur Debatt stellen, presentéiert huet.

Et huet net laang gedauert, do wor den Här Frieden awer ganz eleng! Den Här Schmit wor deen Éischten, deen de 15. Abrëll gesot huet: „Ech muss soen, dat do ass ni als definitive Pak, dee vun der Regie-



rung ofgeseent gi wier, verstane ginn. Op jiddwer Fall net vu mir an net mat menge Kolleegen aus der LSAP, déi um Regierungsrot deelgeholl hunn.“ Éischt Episod an dëser Geschicht.

E puer Deeg drop, den 20. Abrëll, seet den Här Lux: „De Paquet war an ass a bleift inakzeptabel fir eis Partei a fir eis Fraktioun.“ E puer Deeg drop proposéiert d’CSV e sozialen Index. Den Här Wolter, ech zitëieren och: „An d’Leit hunn der Politik net den Optrag ginn, wann eng Partei seet, mir si net iwwer eppes bereet ze diskutëieren, domadder all aner Partei mondout ze maachen, dass déi net méi däerf mat Propositione kommen, wat och falsch wier.“ E puer Deeg drop seet den Här Schmit, dass hie géif stoe bleiwen, an dat géif en och senge Leit garantëieren. Hie seet dat op hirem Kongress zu Moutfort.

E puer Deeg drop, Här President, huet d’CSV hire Conseil national. Do soen den Här Schiltz an den Här Wolter, dass hir Partei mat der LSAP eng Divergenz huet. Ech zitëieren den Här Wolter: „Doriwwer musse mir an deenen nächsten Deeg nach eng Kéier diskutëieren, net nëmme mam Koalitionspartner, et sinn nach aner Parteien am Land, et sinn nach aner Sozialpartner, déi sech an deene leschte Woche geäussert hunn.“

De 4. Mee, den Dag drop, seet den Här Bodry...

► **Une voix.**- Bodry!

(**Hilarité**)

► **M. Xavier Bettel (DP).**- ...den Här Bodry op der Tële: „Do, wou ech getickt hu gëschter, dat wor bei der Ausso, dass elo d’CSV géif Initiativen huelen a mat anere Leit a mat anere politesche Parteie géif diskutëieren. Dat kléngt e bëssen, wéi wann ee géif versichen, eng alternativ Koalition op dësem politesche Punkt an der Chamber zesummenzekeréien. Wann dat sollt de Fall sinn op engem wichtege politesche Punkt, dann ass et kloer, dass ech net kéint gesinn, wéi déi richtig Koalition nach kéint weiderbestoen.“

(**Interruption**)

Dir gesitt, Här President, dass den Här Frieden ganz eleng stoung. Ganz eleng! E mécht Propositionen am Numm vun der Regierung. Duerno pickt déi aner Partei sech eraus, wat hir passt an net passt. Den Här Schmit kënnt als groussen Héros - a mam Här Lux -, als groussen Héros vum Garant vum Sozialstat soi-disant, stellt den Här Frieden dohinner, wéi wann dee keen Häerz hätt, d’Sozialpolitik him ganz egal wier an et him nëmme géif drëms goen, fir de Leit Schlechtes ze wënschen.

D’lescht Woch hate mer och hei d’Debatt an der Chamber. Den Här Frieden souz gréisstendeels eleng heibannen. Ech mengen awer, dass bei esou wichtege Debatten iwwert déi Reformen et normal gewiescht wier, dass eng gewësse Solidarité gouvernementale, déi net nëmme owes op engem Concert soll zielen, mä och mëttes hei bei Débaten,...

(**Interruption**)

...dass bei engem Débat, bei esou wichtege Reformen, bei esou wichtege...

Ma, et woren deemools...

(**Interruption**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- ...dräi Sozialisten niewent dem Finanzminister. Wat hätt Der gär méi? Ech mengen, Dir hutt Är Ried net selwer ëmgeschriwwen.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Här Di Bartolomeo, d’lescht Woch,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Jo.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- ...wéi de Spuerpak...

(**Interruption et hilarité**)

► **M. Xavier Bettel (DP).**- ...wéi de Spuerpak..., oder esou: Wësst Der, de Moie wor et jo och zimlech witzeg, wéi den Här Lux och net méi wousst, ob e géif

vun engem Spuerpak oder vun engem Steierpak schwätzen.

► **Plusieurs voix.**- Oh!

(**Hilarité**)

► **M. Xavier Bettel (DP).**- En huet dat eent eng Kéier gesot, en huet dat anert eng Kéier gesot. Jo, mä gitt lech eens.

(**Interruptions**)

Ech kann lech just soen, wéi d’lescht Woch dee Spuer- oder Steierpak... - do muss ee jo dann driwwer diskutëieren, wat Der mengt, wéi et wier -, souz den Här Frieden meeschtens de ganzen Dag hei eleng!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Ma, mir hu Vertrauen an hien.

► **Une voix.**- Jo.

(**Interruptions et hilarité**)

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Ech ka just soen, wann agréabel Saachen ze maache sinn, wann agréabel Saache sinn, dann ass d’Regierung gutt.

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l’Économie et du Commerce extérieur.**- Här Bettel, Här Bettel! Souz ech hei beim Här Frieden?

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Här Krecké, Dir souzt eng gutt hallef Stonn heibannen. Dat muss een zouginn.

► **Une voix.**- Ah.

► **Une autre voix.**- Eng gutt hallef Stonn.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Voilà, eng gutt hallef Stonn souz den Här Krecké heibannen. Dat soll een och loossen. Dann zitëieren ech och den Här Schank, deen 20 Minutten hei souz, an d’Madame Jacobs,...

(**Interruptions**)

...déi wéinst der Mammerent hei souz.

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Bei wat fir engem Thema si mer?

► **M. Xavier Bettel (DP).**- An owes awer beim Elton John, kann ech lech se opzielen, wéi vill der do souzen. Do souzen der awer vill méi wéi mëttes hei beim Här Frieden, wéi en huet missen dee Punkt...

(**Interruption**)

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- Wéi laang sëtzt Dir dann hei, Här Bettel, dee ganzen Dag?

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Et deet wéi, wann een esou Saache muss soen, Här Fayot. Mä ech soe just, dass, wann esou Mesuren ze huele sinn, wou e Land hei - an den Här Juncker huet selwer souguer vu Massekläpperei am Regierungsrot just évi-téiert geschwat -, dann ass e Minimum vu Solidarité gouvernementale...

(**Brouhaha**)

Jo, ech zitëieren, den Här Juncker huet dat um Radio gesot: „Es gab keine Menschen-schlägerei.“ Wann den Här Statsminister selwer muss soen, dass um Regierungsrot keng Menschen-schlägerei wor - dat sot en den 19. September -, da muss ee scho soen, dass d’Ambiance tëschent de Koalitionspartner jo blendend wor an dass den Här Frieden bestëmmt keng einfach Tache hat. An d’lescht Woch, wéi gesot, je le ré-pète, souz en och e bëssi eleng, wéi en hei dee Steierpak - oder Spuermesuren, et ass, wéi Der et da wëllt nennen - ze presentéieren hat. Ech hat geduecht, dass awer eng méi grouss Solidaritéit vun deenen anere Ministeren da kéint sinn.

Här President, dat wor virun e puer Méint. Dat wor virun e puer Wochen. Dat wor virun e puer Deeg. An haut ass et weidergaangen.

Wat huet nämlech de Fraktiounschef vun der LSAP haut de Moie gesot? „Mir hu kee Problem mat Kompetitivitéit. D’steierlecht Ëmfeld ass nämlech kompetitiv. Mir hu kee Problem mat Aarbechtslosegkeet. D’Zuel vun den Aarbechtsplaze klëmmt. Mir hu kee Problem mat de Statsfinanzen. D’Statsschold ass méi niddreg wéi an anere Länner. Mir hu kee Problem mat der Belaaschtung vun de Bierger. De Spëtze-steiersaz ass méi niddreg wéi am Ausland.“

Ass dat, Här President, eng responsabel Haltung? Mir hunn 1,4 Milliarden Euro Budgetsdefizit. Mir hunn 13 Milliarde Schold an de kommende Joren. Mir hu

kaum Aarbechtsplazen, déi nach geschaf ginn. An ech erlabe mer, lech och drop hinzeweisen, dass eng Ëmfro gemaach ginn ass vun der ILReS, wou erauskomm ass, dass bei de Patrone 74% keng nei Aarbechtsplaze schafe wëllen am Moment.

(**Interruption**)

En Drëttel...

(**Hilarité**)

Gelif?

► **Une voix.**- A keng Steiere bezuelen, seet den Här Bodry.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, hei geet et ëm Aarbechtsplazen. Ech soen lech, dass déi Chômeure vu muer lech Merci soe fir esou Bemierkungen,...

(**Interruption**)

...déi Der maacht. All déi jonk Leit, déi et da fäerdeg bréngen... An ech mengen, mir sollen... Dir sidd... Et ass net, fir sech ze bretzen, wa mer d’Zuele vun eisem Chômage gesinn!

► **Une voix.**- Jo, oh.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Kuckt... Jo, gesitt Der, elo kritt een hei scho Bemierkunge gemaach! Sot, ech soen lech just eppes,...

(**Hilarité**)

...wann een Épiciersrechnunge mécht, wéi mer haut de Moien der vill gewise kritt hunn, an net op laang Siicht kuckt, da kënnen lech just déi nächst Generatione Merci soen, wann d’Schold héich ass a wann de Chômage och esou an d’Luucht geet.

Här President, firwat ech do insistëieren...

► **M. le Président.**- Här Bettel, den Här Hoffmann stellt lech gär eng Fro.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Kënnt Dir feststellen, Här Bettel, dass duerch déi Senkunge vun de Betrëbssteieren an deene leschte Jorzéngten eng positiv Entwécklung stattfonnt hätt bei der Entwécklung vun der Aarbechtslosegkeet?

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Also, Här Hoffmann, ech gesi just...

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Dass dat derzou bäigedroen hätt, dass d’Aarbechtslosegkeet erofgaange wär.

(**Interruptions**)

► **Une voix.**- Äntwert mat Jo oder mat Neen.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Ech gesinn op jidde Fall, Här President, dass mer Aarbechtsplaze geschaf hunn an dass de Chômagetaux, wou mer iwwerall jo esou hougereg waren als Lëtzebuerger Land, esou en déiwe Chômagetaux ze hunn, dass déi Situatioun, wou mer ëmmer insistéiert hunn, net méi d’Realitéit vun haut ass. An dat geet mir duer,...

► **Plusieurs voix.**- Ahh!

► **M. Xavier Bettel (DP).**- ...ze gesinn, dass haut zu Lëtzebuerg de Chômage an d’Luucht geet, a wann ech gesinn, dass bei enger Ëmfro 74% vun de Patrone soen, si géife keng nei Aarbechtsplaze schafen. An en Drëttel vun deene Patronen, déi gefrot gi sinn, Här President, soen, si denke souguer drun, Aarbechtsplazen ofzebauen.

Mir hunn déi héchsten Aarbechtslosegkeet säit Jorzéngten. Säit Jorzéngten, Här Hoffmann! An den Här Gibéryen huet virdu gesot - an déi Zuele sinn net ze bestreiden -, mir hunn eng Jugendaarbechtslosegkeet. A wa mer elo nach d’Resultater kritt hu vun deene leschten Deeg, wéi d’Formationen zu Lëtzebuerg déi lescht Joren organiséiert gi sinn, da sinn ech net ganz rassuréiert fir déi nächst Méint a Joren, wéi et mat der Jugendaarbechtslosegkeet hei zu Lëtzebuerg wäert eropgoen.

Virun e puer Wochen nach, emol net virun e puer Wochen, virun zwou Wochen, Här President, konnte mer alleguerte lauschten: d’KBL - ee Beispill. Ech kann lech awer nach eng laang Lëscht opziele vun anere bancaire Instituter, déi hei zoumaachen an déi op jidde Fall Aarbechtsplazen am Finanzsektor ofbauen.

Här President, ech kéint hei den Här Allegrezza zitëieren oder och den Här Krecké, dee jo heiansdo an engem Élan vun Eierlechkeet seet, dass dat, wat den Här Frieden jo a senge Propositione gemaach

huet, och am Fong seng Haltung wier, déi hie kéint droen. Hei schreift en am Artikel, et ass eng „Question de lunettes“. An hei steet kloer dran, dass souguer den Här Krecké seet: «En réponse à un journaliste, Jeannot Krecké ne fait pas de mystère de son avis à ce sujet. Le pays a tout simplement franchi déjà une limite.» Déi iwwert d’Kompetitivitéit vun eisem Land.

Ech soen dat net, Här President. Ech zitëieren hei just den Här Krecké, deen am Fong dem Här Frieden Recht gëtt, andeems een och net muss vergiessen, wien hei zu Lëtzebuerg d’Jobbe kreéiert. Esou wéi den Här Frieden och eng Kéier um Radio gesot huet: „Et muss een de Leit och nach Loscht ginn, fir schaffen ze goen.“

Här Frieden, do wësst Der, dass Der mat eis en Alliierten hutt.

D’Sozialsystemer, déi aus allen Néit plazen; d’Pensiounssystemer, déi net ofgesé-chert ginn, all dës Problemer, Här President, gi verkannt vun deene Leit heiban-nen, déi esou weiderfuere wëlle wéi bis elo. Et ass genau dat, wat d’LSAP hei an haut awer gemaach huet. D’Lëtzebuerger Sozialistes Aarbechterpartei wëllt einfach d’Realitéit net unerkennen. Si ginn op Dis-tanz zur Regierungspolitik. Si entzéie sech hirer Verantwortung.

Här President, wann ech de Moie gehéiert hunn, wat iwwert d’Bipartite, déi Accordé vun der Bipartite..., ech hat jo awer déi in-tim Conviction, dass dat, wat an der Bi-partite... Bon, d’Tripartite ass jo näischt ginn, an do muss ee leider als Oppositionspartei nach eng Kéier den Här Juncker zitëieren, den Här Krecké zitëieren, den Här Schmit zitëieren, an ech kéint nach eng laang Lëscht opziele vu Politiker, déi gesot hunn, dass déi Tripartite schlecht préparéiert wor, dass d’Regierung subopti-mal fonctionnéiert huet. Ech kéint esou eng ganz Ribambelle nach vu Wieder gebrauchen, déi d’Majoritéitspolitiker a Man-datairé gedroen hunn, fir ze soen, wéi schlecht d’Regierung an d’Tripartite gaan-gen ass. Dat heescht, et hätt ee sech jo kënnen erwaarden, dass se och géif schif ausgoen. Dunn ass d’Bipartite komm, fir d’Éischt mat de Gewerkschaften an du mam Patronat.

Ech hat awer da geduecht, dass dat, wat d’Regierung de Patrone presentéiert hätt, eppes wier, wou d’Regierung awer ze-summe presentéiere géif. Well, wann elo souguer dat, wat an der Bipartite ass, wou normalerweis jo zwou Parteie sinn - dofir heescht et jo Bipartite -, awer nees eng Tri-partite gëtt, well et eng Kéier d’CSV-Frak-tioun gëtt an der Bipartite an eng Kéier d’LSAP-Fraktioun gëtt an der Bipartite, da geschitt guer näischt.

Well, esou wéi ech verstanen hunn, op der Televisioun den Här Bodry a sengem Inter-view an och den Här Lux haut de Moien: Déi Proposition, déi selwer d’Regie-rung...

(**Brouhaha et interruptions**)

...dem Patronat mécht an der Bipartite, wier fir si net ze akzeptëieren. Ech muss dann d’CSV froen, wat si dozou ze soen huet. Léisst d’CSV sech mat hire 26 Sëtz, déi se vum Bierger uvertraut kritt huet, vun 13 Leit diktëieren, wéi hei zu Lëtzebuerg d’Politik am Sënn vun der Zukunft vun eisem Land an enger zukunftsorientierter Politik vun eisem Land sollt geschéien?

An am Fong ass et jo keng Première, Här President, d’LSAP ass am Fong och Wieder-holungstäter.

(**Brouhaha**)

Ech hunn lech et jo virdu gesot: No deene Sortië vum Här Schmit virun e puer Méint, no deem Kongress vu Moutfort, wou ech och nach gëschter nogelauschtert hunn. An da just e Beispill, Här President, wou mer dann héieren, dass iwwert de Congé parental jo d’Regierung gären eng Etüd géif maachen, well se net eens waren, a selwer op deem Kongress vun de Sozialiste gesot ginn ass, dass de Congé parental ni mat deene gekierzt gëtt an au contraire nach soll verlängert ginn. Ech sinn e bë-sen iwwerrascht, wéi eng Koalition mer hei hunn, a virun allem, dass d’CSV sech dat nach bidde léisst.

D’LSAP proposéiert eis am Fong haut hei, Här President, d’Scholde weider opzetier-men, eng Politik op d’Käschte vun de kommende Generationen, eng Politik,



déi mir als DP net kënne matdroen, net kënne akzeptéieren, a bereet wieren, wann déi eng oder déi aner Mesure an déi richteg Richtung géif goen - wou een d'Gefill huet, dass op jidde Fall an dëser Chamber een e Gouffre huet tëschent dem Koalitionspartner léns an dem Koalitionspartner riets -, wou op jidde Fall eng DP eng Partei wier, mat där ee kéint schaffen a wou ee kéint d'Weiche stellen als Afekot vun deenen nächste Generatiounen, fir dass d'Keesen och net eidel sinn, wann déi nächst Generatiounen drukommen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(Interruption)

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bettel. Et huet sech elo nach ageschriwwen den Här Jean-Louis Schiltz. Här Schiltz, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Budget, dee mer haut hei virleien hunn an dee meng Fraktioun selbstverständlech wäert stëmmen, ass e Schrëtt an déi richteg Richtung. Et ass e Schrëtt an déi richteg Richtung, wa mer schwätzen iwwer Budgetdefizitreduzéierungsprogramm. Et ass e Schrëtt an déi richteg Richtung als Krisebekämpfungsinstrument. An et ass och e Budget, wéi de Finanzminister et gëschter richteg bemierkt huet, an deem déi sozial Komponent weiderhi staark zum Ausdrock kënnt. Ech brauch net op déi Zuelen zrëckzekommen, déi gëschter hei exposéiert gi sinn.

Ech wollt och dem Rapporteur uganks Merci soe fir säi Rapport. En huet richtegerweis bemierkt, datt en eng Rei Propositione gemaach huet, déi iwwert dat erausginn, wat den direkten Nidderschlag an deem Budget hei féiert. Genau wéi de Finanzminister dat gëschter hei gemaach huet, deen eigentlech en substance gesot huet, datt dee Programm, dee mer eis misste ginn, net e Programm wär, dee mer géifen an engem Joer ofwëckelen, mä e Programm, dee mer op fënnef, zéng Joer missten usetzen, woubäi, wann ech op d'Budgetkomponent vun deem Programm zrëckkommen, den Nulldefizit 2014, 2015 eist Zil muss sinn.

Wa mer da kucken en fonction vun de Berechnunge Bodry: ronn 450 Milliounen, Frieden: ronn 650 Milliounen - mä déi Zuele sinn net kontradiktöresch, well se en anere Point de départ huelen -, dann ass dat och e grouse Schrëtt a Richtung vun deem Nulldefizit. A wann ech Nulldefizit soen, misst ech en réalité 1% plus soen, weinst der Pensiounsproblematik.

Ech wëll och soen, datt et e bëssen einfach ass, fir ze soen, wann den Alex Bodry vu 450 Milliounen schwätzt an de Finanzminister Luc Frieden vu 650 Milliounen, dat wäeren zwou verschide Saachen, an dann ze soen, déi eng Rechnung ass méi richteg wéi déi aner. Déi zwou Rechnunge si richtig, well déi 650 Milliounen si jo net aus der Loft gegräff par rapport zu Saachen, déi einfach esou erfionnt gi wäeren, wou ee gesot hätt, mir hätten dat gär gemaach, mä mir maachen et elo awer net. Dat si Saachen, déi programméiert woren an déi no hanne gesat gi sinn. Duerfir gräift dat e bësse kuerz, wann een einfach higeeet an dat vergläicht mat engem Auto, deen een all Joer géif kafen.

Ech bedauern och, wéi de Finanzminister dat gemaach huet - an dat ass en éischte Constat, deen ech maachen, an de Budgetsrapporteur huet méritoirement probéiert, dat op e gemeinsamen Nenner ze bréngen -, datt vun enger Rei vun deem, wat gemengerhand als Forces vives de la nation considéiert gëtt, de Constat, datt Handlungsbedarf besteet, scheinbar nach ëmmer net ganz gedeelt gëtt.

Ech bedauern och am Numm vu menger Fraktioun, an dat ass an der Logik, mengen ech, vun deem, wat mer d'ganz Joer virgedroen hunn a fir dat mer eis d'ganz Joer staark gemaach hunn, datt et net elo scho méiglech wor, och a méi grouse Bléck ze operéieren. D'Zukunft wäert eis soen, wa mer déi nächst Etapp uginn no där éischter Etapp hei, inwiefern mer musse compte tenu vun der wirtschaftlecher Entwécklung - déi besser ass, wou iwwer mer eis selbstverständlech freeën,

mä wat de Problem awer net aus der Welt schafft -, d'Zukunft wäert eis soen, inwiefern mer müssen a grouse Bléck an Zukunft operéieren, fir deem Zil 0% 2014, 2015 gerecht ze ginn.

An dann ass eng Zuel, déi een awer einfach muss interpelléieren, an ech sinn dem Här Bausch dankbar, datt e se hei genannt huet. Dat ass nämlech, datt mer, wat de Pétrol ubelaangt, dauerhaft, wann een den Analyste gleewe kann, dauerhaft, wann een déi lescht dräi, véier Woche kuckt, ëm déi 90 oder iwwer 90 Dollar sinn.

A wann ee Pétrol seet, da si mer selbstverständlech net wäit ewech vun enger Diskussioun, déi mer säit engem Joer hei féieren: Dat ass déi vum Index. Et besteet en Accord bipartite iwwer d'Ausrichtung vum Index, wat d'Joer 2010 ubelaangt. Et leien och Elementer um Dësch fir déi Joren duerno, och wann do net alles ausdiskutiert ass.

Fir meng Fraktioun ass déi Diskussioun do net eriwuer. Et ass weiderhin en Thema. An ech zitieren net déi 90 Dollar, wat de Pétrol ubelaangt, fir ze weisen, datt mer Recht haten oder vläicht Recht wäerte kréien an neie Joer, mä fir op d'Problematik opmierksam ze maachen, datt déi mat méi grouse Schrëtt op eis duerkënnt, wéi et eis vläicht léif ass.

D'CSV-Fraktioun, an dat ass och ee vu menge Constaten am Ufank vun der Ried hei, brauch och net hei an där Debatt sech - fir et emol am Militärjargon ze soen - mat engem imaginären Ennemi ausenannerzusetzen a sech selwer Froen ze stellen an dann op méi oder manner kontrovers Manier déi Froen ze beäntweren.

Dee Budget 2011, deen och d'Handschrëft vun der CSV dréit, gëtt eng Linn vir. Et ass eng éischt Etapp. E skizzéiert essenziell Elementer vun deem Programm fir déi fënnf bis zéng nächste Joren, a wann ee géif sech an der Zäit e bëssen zrëckversetzen, da géif een och gesinn, datt en en ligne ass mat deem, wat an der Regierungserklärung duergeluecht ginn ass, mat deem, wat am Koalitionsaccord steet, a mat deem, wat am État de la nation debattéiert ginn ass.

Déi Debatte sinn net eriwuer. An ech mengen, datt vun enger ganzer Rei Säiten déi Debatten haut geféiert gi mat Bäitrag, mat enger ganzer Rei Elementer, op déi mer kënne hei opbauen.

Fakt ass - an et sinn eng Rei vun de Virriedner, déi dat gesot hunn -, datt déi Kris, mat där mer ze dinn hunn, net eriwuer ass. Wa mer deen Deel vun der Kris, deen hannert eis ass, relativ gutt iwwerstanen hunn, dann huet dat och eppes domadder ze dinn, datt an deene leschten zéng Joer déi richteg Politik gemaach ginn ass. Wäer déi richteg Politik nämlech net gemaach ginn, hätt deen Deel vun der Kris, deen hannert eis ass, nämlech vill méi massiv zu Lëtzebuerg ageschloen, wéi en ageschloen huet.

Dat ass natierlech schwéier ze vermëttelen, wa sech évertuéiert gëtt, fir Konten an Trésorerie hei ze vermëschen. Ech mengen, datt Nachholbedarf ass, wat d'grouse Ausrichtung vun der Kontabilitéit ubelaangt, Nachholbedarf vun deenen Aggregater, déi d'Kontabilitéit ausmaachen. Wann een heihinnerkënnt a wëssentlech oder onwëssentlech - ech weess et net - monter Konte mat Trésorerie vermëscht a verwieselt, fir Konklusiounen doraus ze zéien, an dann nach dat mat euro-karikatüralen Aussoe verbënnt, da muss ech éierlech soen, bleift deem näischt bäizefügen.

Et muss ee wëssen, datt, wa vun Trésorerie geschwat gëtt, mer net vum Budget schwätzen. Wa vun Trésorerie geschwat gëtt, schwätze mer net vun de Konten. Dat eent an dat anert soll een ausenannerhalen an net do Konklusiounen zéien, déi net ze zéie sinn.

De Kolleg Thiel huet eng Rei Saache gesot zum Budget selwer. Ech wëll deem natierlech absolut bäiflichten a vu menger Säit aus eng Rei Usätz, déi am Budget dra sinn an déi an eisen Ae missten an deenen nächste Jore verstärkt ginn oder wou neier missten derbäikommen, hei kuerz uschwätzen an awer och e puer Remarquë maachen zu der Methodik an zu der Manier, wéi mer mateneen ëmginn.

Meng grondsätzlech Remarquë wollt ech op dräi Themefelder limitéieren. Dat sinn d'Gesondheet, d'Pensiounen an d'Steierlandschaft.

Wann ee kuckt, datt am Gesondheitsberäich eng Reform um Instanzewee ass, déi d'nächst Woch hei zur Ofstëmmung virleie wäert an déi, wann net alles mech täuscht, vun de Majoritéitsparteien op d'mannst wäert gestëmmt ginn, da muss ee wëssen, datt deen Accord, datt deen Text och säin Nidderschlag an der Ausféierung vum Budget scho vum Joer 2011 wäert fannen. Et ass also net esou, fir ze soen, datt do eppes gemaach gi wär respektiv eppes op den Instanzewee geschéckt gi wär, wat keen Impakt op d'Statsfinanzen hätt.

Ob no deenen Diskussiounen, déi woren, d'Grondprinzipië vun der Reform weider stinn oder net stinn, ass an deem Zesammenhang fir mech zweetrangeeg. Et kann een och laang diskutéieren iwwert den Haltbarkeetsdatum vun där Reform, mä et ass alt emol schonn dat an et ass alt emol schonn en zolitte Schrëtt.

Wann ech dem Rapporteur virdrun och meng Zoustëmmung zum Ausdrock bruecht hunn, wat säi Budgetsrapport an de groussen Zich ubelaangt - an der Feinmechanik kënne mer iwwer Saachen diskutéieren -, da muss ech dach awer soen, an dat ass vläicht dann dee Punkt, wou mer net grad op enger Wellelängt sinn, datt ech fannen, wann ee seet, d'CSV wär an där Diskussioun absent gewiescht, datt dat vläicht net gradesou wor. Ech wëll soen, datt d'Membere vun der CSV an der Kommissioun, ob se Meyers, Spautz, Schaaf, Andrich oder Mergen heeschen, hire Bäitrag gelescht hunn, an datt et ouni si an ouni d'CSV och net géif zu där Reform hei kommen.

Ech soen lech an aller Frëndschaft, datt déi Ausso, fir ze soen, datt ee vun der CSV näischt héieren huet, well ech weess, wat meng Kollegen an deem Dossier gemaach hunn, mech e bësse gehäit huet, mä et ass awer elo net eng grouss...

(Interruptions)

Et ass awer elo net 100,7 samschdes. Et ass awer elo net eng grouss Statsaffär, dat hei.

► **Une voix.**- Besser net!

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Mä et muss een d'Saachen awer och soen, wéi se sinn.

(Interruption)

Zweetens, wann ech virdu vun engem Nulldefizit oder vun engem Plus-ee-Prozent geschwat hunn, dann huet dat selbstverständlech eppes ze di mat deem, wat am Brësseler Jargon als „implied liabilities“ bekannt ass. An dat ass d'Pensiounsproblematik. Déi 15 Pisten, déi vum Minister respektiv vun der IGSS virgeluecht ginn, leie weiderhin um Dësch, an déi sollen och an deenen nächste Méint weider diskutéiert ginn.

Ech hunn iwwerall hei gespiert, datt de Wëlle besteet, déi ze diskutéieren. D'Diskussioun ass schonn e bësse méi reng wéi dat Schlagwuert „67 Joer oder net 67 Joer“. Et beschränkt sech net dorobber. Fir awer d'Dauer vun de Cotisationsjore respektiv d'Zuel vun de Cotisationsjore auszeklameren, schéngt mer net de richtige Wee ze sinn. Ech hunn och kengem ënnerstallt, datt en dat wëilt maachen. Ech wollt dat awer virun deem Hannergrond hei och eng Kéier kloerstellen.

Et muss ee wëssen, datt de Pensiounssystem, wéi mer en haut an Europa kennen, vum Bismarck erfionnt ginn ass, dem Bismarck, dee seng Conseillere deemools gefrot huet, wéi dann d'Liewenserwaardung wär. Ech wëll elo net an eng Debatt hei mat den Historiker eragoen, déi kennen déi Zuel besser, mä op jidde Fall ass de Pensiounsalter deemools vum Bismarck op en Alter gesat ginn, wou e bal sécher wor, datt net méi vill Leit géifen an de Genoss vun deene Pensiounen kommen. Och dat muss ee vläicht eng Kéier an déi Diskussioun mat erabrénge.

(Interruptions)

Mir solle frou sinn, datt d'Liewenserwaardung haut ëm 20, 30 oder 40 Joer dat iwwerschteit, wat se am 19. Jorhonnert wor, mä mir sollen awer net vergiesen, datt ee vun de Fëllementer vun deem

System dat wor, wat ech elo hei ubruecht hunn. An do si mer dann erëm bei de Cotisationsjore. Et kënnt derbäi, wéi eng Rei vu menge Kollege mer et ëmmer erëm an Erënnerung ruffen, datt d'Leit viru Joren nach mat 15 Joer oder mat 20 Joer ugefaangen hu mat schaffen. Och dat ass haut net méi wouer, och dat solle mer mat an eis Diskussiounen erabrénge.

Dat gi komplex Diskussiounen. Ech wënsche mer, datt mer se kënne féieren, vläicht net am Konsens, mä op jidde Fall an der Saach an net am parteipoliteschen Zwiist an an der parteipolitescher Auseenersetzung. Ech sinn och duerchaus der Meenung, datt een dierf, soll a muss - wéi de Minister dat mécht - vun neie Recettë kënne schwätzen. Mä nei Recetten heeschen och nei Leeschtungen a ville Fäll. Och dat sinn Elementer, déi müssen an déi Diskussioun mat erakommen.

Wann een da kuckt, wou mer eis hibewegen an deenen nächste Joren... Et ass oft hei vun de Virriedner gesot ginn, datt déi viert Generatiounen oft Saache fonnt hätten an erfionnt hätten, vun deenen déi nächst Generatiounen hätte kënne profitéieren. Dat ass richtig. Dat war Jorzéngten hei zu Lëtzebuerg esou an dat soll och esou bleiwen.

Wann ech dat festmaachen an illustréieren um Beispill vun der Steierlandschaft, da mengen ech, datt een haut muss eng Rei Constaten do maachen an och eng Rei Pisten do muss opzeechnen. Déi Ziler, déi vum Alex Bodry virgi sinn, wat d'Steierlandschaft vun der Zukunft ubelaangt, sinn Ziler, déi mer kënne deelen. An déi dräi Kritären, déi de Finanzminister deem bäigefügt huet, sinn och Kritären, déi mer kënne matdroen.

Den Alex Bodry huet am Kader vun den Ziler vun dem Finanzement vum Stat geschwat vun der Redistributioun a vun der Steierpolitik als Steuerungsinstrument vum Behuelen. De Finanzminister huet vun engem sozial gerechte System geschwat, vun engem leeschtungsfrëndleche System a vun engem System, deem seng Ausrichtung dem internationalen Ëmfeld Rechnung dréit.

Ech bedauern et an deem Punkt wéi an aneren, datt déi Oppositionspartei, déi am haartste jäizt, wann et ëm Steiere geet, weder d'lescht Woch hei, nach dës Woch hei konkret Alternativen...

► **Plusieurs voix.**- Oohhhh!

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- ...op den Dësch geluecht huet. Fir ze soen a fir ze behaupten, de Status quo inklusiv d'Adaptatioun vun der Steiertabell wär eng konkret Alternativ, ass e bësse kuerz gegräff. Ech vermësse bei der DP nach wie vor déi konkret Alternativ. Wat géif d'DP anescht maachen an der Steierpolitik, ausser datt se d'lescht Woch an dës Woch fir de Status quo plädéiert huet?

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Wéi vill Zäit hu mer, Här President, fir et ze erklären?

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Wou géif d'DP den Hiwiel usetzen, fir eiser Steierlandschaft och op enger Zäitachs vu fënnf respektiv zéng Joer konkret eng Ausrichtung ze ginn,...

(Interruption)

...déi zum Beispill am Beräich vun der Betriebsbesteuerung dozou géif féieren, datt eist Land weider kompetitiv ass oder nach méi kompetitiv gëtt? Well och, wa mer als Land eng Rei Atouten hunn, dann ass et dach awer esou, datt d'Steierlandschaft nach wie vor ee vun eisen Haaptatouten am internationale Verglach ass. An ech beschränke mech hei op d'Ausrichtung, wat Betriebsbesteuerung ubelaangt. Ech kéint och op déi aner Domänen agoen.

Mir hunn natierlech niewendrun och eng ganz Rei aner Atouten. An ier ech op dat kommen, wat ech usazweis d'lescht Woch schonn hei gesot hunn, wéi a mengen Aen déi Steierlandschaft misst ausgesinn, wollt ech e puer Wuert iwwert déi aner Atoute verléieren.

Natierlech ass et esou, datt mir hei am Land kënne soen, datt mer eng zentral Lag



hunn. Natierlech ass et esou, datt et ze begréissen ass, datt mer no zwee Joer erëm direkt un Heathrow ugebonne sinn. Mä op där anerer Säit muss een awer och soen: Mir sinn net Frankfurt, an och zu Astana gëtt de rouden Teppech ausgeluecht, wann Investisseure kommen.

Natierlech ass et esou, datt mer grouss Kompetenzen hei zu Lëtzebuerg hunn, déi mer hei opgebaut hunn oder déi sech hei ugesiedelt hunn, mä d'Kompetenze sinn haut mobil. An eiser Éducationspolitik kréie mer am internationale Verglach mëttelméisseg Zensuren ausgestallt, an och duerfir muss een do oppassen, wéi mer eis, wat deen Atout ubelaangt, an deenen nächste Jore positionéieren.

Dat reglementarescht Ëmfeld ass natierlech och ee vun deenen Atouten, op déi mer kënnen zréckgräifen. Mir beweisen d'nächst Woch alt erëm hei am Beräich vun der Fongenindustrie, datt mer séier kënnen Texter ëmsetzen. Mir maachen dat net an alle Beräicher. Mir stellen eis zum Beispill kaum nach d'Fro - an dat gehäit mech e bëssen, muss ech éierlech soen -, wa mer vun eisen Atoute schwätzen, ob nach eppes ze maachen ass, fir deen TVAs-Regime, deen 2015 soll anrieden, erëm ëmzekippen.

Obwuel nach e Rapport vun der Kommission uläit, schéngt jiddwereen dem Fatalismus an deem Beräich ze verfallen an ze mengen, datt do näischt méi ze maachen ass. Ech sinn enger géigesäiteger Iwwerzeegung.

Mir müssen eis och, wann ech vun deene Saache schwätzen, verstärkt der Problematik vun der Cyberkriminalitéit widmen. Mir gesinn an deene leschten Deeg, wéi Finanzgesellschaften kënnen ugegraff ginn. An deene leschten Deeg hu mer dat gesinn, pardon. Och do musse mer eis als Lëtzebuerger Land eppes afale loosse.

Och wa mer méritoire Efforte maachen am Beräich vun der Logistik, gesi mer, datt an eisem Nopeschland Däitschland, an der Ruhr, a Rheinland-Pfalz, zu Leipzig an op anere Plazen och Efforte gemaach ginn. Och dat kann eis net indifferent loosse.

Mir maache grouss Efforten an der Recherche. Och dat ass gutt esou. Op där anerer Säit hu mer eng Rei Rechercheproduiten, déi hei ugesiedelt sinn, déi och mobil sinn. Och dat musse mer mat a Considératioun zéien.

Alles dat ass net, fir déi Saachen hei schlechtzerieden, wou ech dat soen. Alles dat ass, fir drop hinzewiesen, datt dat och alles Beräicher sinn, wou mer an deenen nächste Joren net kënnen einfach soen „business as usual“. Och do musse mer weider Efforte maachen.

Ech wëll hei net déi Debatt widderhuelen, déi mer iwwert d'Kompetitivitéit an der Chamber haten, ech wëll just drun erënnere, datt no där Kompetitivitéit de Wirtschaftsminister richtegerweis drop higewisen huet, datt souwuel a senger Propositione wéi an de Propositione vun der CSV déi Niddregloun-Niewekäschte géife feelen, datt dat och e groussen Atout wär zu Lëtzebuerg. Mir sollen deen net lichtfankeg op d'Spill setzen. Ech sinn do mam Wirtschaftsminister honnertprozenteg enger Meinung. Ech wollt dat och eng Kéier hei soen.

Zur Steierlandschaft selwer musse mer eis et och, mengen ech, net esou einfach maachen an einfach soen: „Mir bleiwe beim Status quo oder mir ginn op de Wee vu Subventionementer.“ Ech kommen herno nach dozou. Och do musse mer eis perspektivesch nei opstellen, fir datt d'Kompetitivitéit vum Land weiderhin déi bleift, déi et ass, respektiv sech weiderhi verbessert.

Mir musse gutt oppassen, wat mer op den Tauxe maachen an deenen nächste Joren. Mir sollen och net alles fir boer Mënz huelen, wat international Consultantë soen, wa se eis soen, datt eis Steierlandschaft kompetitiv ass. International Consultanten - dat läit an hirem Wiesen - kucke méi wéi eng Plaz. Mir solle kucken, datt mir hei zu Lëtzebuerg kompetitiv bleiwen, selbstver-

ständlech eis mam Ausland vergläichen, mä awer och selwer eise groe Grips ustrengegen an no Léisunge sichen.

Wat d'Tauxen ubelaangt, mengen ech, solle mer ganz virsichteg sinn. An Däitschland gëtt vu Vereinfachung vun der Steierlandschaft geschwat. An der Belsch gi Betriber mat extrae Mechanismen ugezunn. Island ass amgaangen, sech erëm opzestellen, beispillsweis am Beräich vum elektronischen Handel. Alles dat huet mat Globalisatioun ze dinn, an alles dat weist, datt mer sollen, wann et ëm d'Tauxe geet, äusserst virsichteg bleiwen an net alles matmaachen, wat op den éischte Bléck géif als attraktiv erschéngen an eng kuerzfristeg Léisung kéint duerstellen.

Et muss ee wëssen, datt grouss international Gruppen haut mobil sinn. Vill vun hinne sinn haut frou hei, dat soll och esou bleiwen. Mä och do ass et awer esou, datt déi Mobilitéit dozou féiert, datt een net einfach ka soen: „Mir bleiwe beim Status quo.“

A wa sech och net alles op de Steieren ofspillt, esou bleift dat dach en essenzielle Facteur, well wann op d'Konzernzentralen zréckgemellt gëtt, ass et ëmmer esou, datt och d'Steierlandschaft en zentraalt Element ass. Et soll dach kee mengen, datt, wa mer an 20 Joer eng Steierlaascht vu 50% op de Betriber leien hätten, nach een internationale Betrib hei am Land wär. Firwat géifen déi dann hei bleiwen? Och do ass zur Virsicht ze mahnen. Och do musse mer oppassen, datt d'Saachen net aus dem Lot geroden, wa mer iwwert d'Tauxe schwätzen.

Mir hunn eng Rei Saachen hei zu Lëtzebuerg, déi mer gutt maachen, wéi zum Beispill, datt, wann Interpretatiounsfroe besti bei Steiertexten, de Contribuable eng Hëllef vun der Verwaltung kritt am Sënn vun engem „ruling“, deen d'Gesetz interpretéiert. Ech weess, datt laang a breet doriwwer diskutéiert gëtt, ob dee soll reglementéiert ginn oder net reglementéiert ginn. Meng Positioun zu deem Thema kennt Der. Ech mengen, datt mer net solle reglementéieren, well deen „ruling“ eben a mengen Aen näischt anescht ass wéi d'Interpretatioun vum Gesetz. Mä och do ass en Instrument, wat mer weiderhi solle virsichteg handhaben, well dat och en Instrument ass, wat am internationalen Ëmfeld säin Nidderschlag wäert fannen.

Dat nämlecht gëllt fir d'Prix de transfert, wou mer eis sollen um déi internationalen Standarden halen, wou mer sollen d'Saache weider favorabel fir d'Entreprises ausleeën, mä op enger seriöser an op enger reeller Basis.

Mir hunn e Regime agefouert, wat d'Propriété intellectuelle ubelaangt. Mir sollen déi Diskussioun féieren, ob mer dee sollen ausdehnen op d'Droit-d'auteurs. Ech sinn do mam Wirtschaftsminister eens, datt dat éischter eppes ass, wou mer eis et dräimol sollen iwwerleeë plütôt als wéi nëmmen zweemol. Mä och déi Diskussioun soll ee féieren. Mä mir solle virun allem, wat d'Propriété intellectuelle ubelaangt, d'Diskussioun och féieren, ob net an eisen Nopeschlänner respektiv e bësse méi wäit, op verschiddenen Inseln, méi favorabel Regimer amgaange sinn ze entstoe wéi hei, an ob mer do net och musse reagéieren.

Mir hu virun enger Woch hei eng Finanzgesellschaftssteier gestëmmt. Ech hoffen, datt déi Recht hunn, déi soen, datt dat keng Inzidenzen huet op déi Finanzgesellschaften, déi hei zu Lëtzebuerg ugesiedelt sinn. Mir müssen awer wëssen, datt et niewent deene grouss Gruppen och eng Rei méi kleng Strukturen hei zu Lëtzebuerg gëtt, an duerfir géif ech séier gären a sechs Méint eng Kéier iwwerpräiwen, ob dann déi, wou ech hoffen, datt se Recht hunn, effektiv Recht behalen hunn, an datt dat kee Nidderschlag féinnt.

Et kann een haut laang doriwwer diskutéieren, ob dat elo de Fall ass oder ob et net de Fall ass, wien datt Recht huet. Wéi gesot, ech hoffen, datt déi Recht hunn, déi soen, dat do fällt net an d'Gewicht, dat ass keen Impakt. Mä mir sollen dat awer och genau am A behalen, ob mer do net amgaange sinn, eppes sech opbauen ze loosse, wat mer herno net méi gebremst kréien.

Gutt fannen ech et och - fir da mam Rapporteur dat ze soen -, datt en a sengem Rapport déi „flat tax“-Regimer eigentlech als net gangbar Regimer ofkantzelt. Dat féiert natierlech dozou, datt, wa mer dat net maachen, ee vun den Elementer vun enger eventueller Vereinfachung net méi besteet. Mä et gëtt eng ganz Rei gutt Grënn, fir déi Flat-taxen net anzeféieren.

Mir hunn och, oder respektiv sinn amgaangen, nei Nischen ze sichen, zum Beispill an der Fongenindustrie, bei den Indexfongen, „fonds indiciels“; wat näischt mat eisem Index ze dinn huet, dee mer hei op Léin a Gehälter hunn, mä wat eppes mat de Boursenindexen ze dinn huet, fir déi steierlech favorabel ze behandelen. Och dat ass eppes, wat en Element ass, wat zur Kompetitivitéit am Sënn vun der Steierlandschaft bäidréit.

Ech sinn och frou, datt de Finanzminister virun zwou Wochen an engem Interview oder op engem Symposium eng Regelung fir d'„Expaten“ ugedeit huet respektiv anonciéiert huet. Wa mer wëllen nei Käpp an d'Land kréien, musse mer och kucken, datt déi Käschten, déi domadder verbonne sinn, iergendwéi am System ofgefiedert ginn, déi domadder ze dinn hunn, datt déi Leit heihinner kommen a sech hei usiedelen.

A wa mer vun enger Landschaft schwätzen, déi et weiderhi méiglech mécht, datt Aktivitéiten hei zu Lëtzebuerg sinn, datt nei Aktivitéiten sech hei usiedelen, da wëll ech ausdrécklech am Numm vu menger Fraktioun deen Accord begreissen, deen am Ufank vun der Woch fonnt ginn ass, wat den Informatiounsaustausch ubelaangt. Well et ass net esou, datt dat d'Enn vum Bankgeheimnis bedeit.

De Finanzminister huet kloer an däitlech gesot, op wat fir eng Zorte vu Revenuen dat sech applizéiert. En huet kloer an däitlech d'Konditioun duergeluecht, datt dat nëmmen déi Informatiounen betrëfft, déi de Steiervaltungen zur Verfügung stinn. Aus deenen zwee Elementer ass mat a) a b) ofzeleeden, datt déi Regelung keen Impakt op de Private banking huet a mer also do, wat d'Richtung ubelaangt, déi vun dëser Chamber hei virgi ginn ass, och honnertprozenteg an där Richtung sinn, fir déi mir eis hei staarkgemaach hunn.

All déi Elementer do féieren dozou, net datt mer méi kompetitiv gi fir de Plëseier, fir méi kompetitiv ze ginn, mä fir datt mer nei Aktivitéiten hei op Lëtzebuerg kréien, déi nei Recettë generéieren, nei Recetten, déi eis et erlaben, fir Sozialpolitiken an aner Politiken ze konzipéieren an ëmzesetzen. All déi Elementer do erlaben eis, bestehend Aktivitéiten hei zu Lëtzebuerg ze stabiliséieren. All déi Elementer do sinn en neit Potenzial, fir existent Aktivitéite weiderhin hei zu Lëtzebuerg auszubauen.

Alles dat sinn Elementer, déi hiren Nidderschlag am Budget vun deenen nächste Jore wäerte fannen, wa mer eis do uerdentlech opstellen, well all déi Elementer féieren nämlech zu neien Aktivitéiten, an nei Aktivitéite féieren zu neie Recetten.

Dat sinn Iwwerleeungen, déi, mengen ech, konkret sinn. Dat sinn Iwwerleeungen, wou ee kéint verschidden Elementer verbesseren, fir datt mer an deenen nächste Joren eng Basis hu vu Recetten, op déi mer kënnen opbauen, an dann net a Verhältnisser verfallen oder eroffalen, wéi aner Länner dat hu misse schmäerzhaft an deene leschte Joren a Méint erfueren.

A wann ech vu Steierlandschaft schwätzen, da sinn ech och duerschhaus der Meinung, datt d'Zäit komm ass, fir déi ekologesch Komponent an déi Komponent vun der Durabilitéit do mat eranzebréngen. Ech mengen, datt ee prinzipiell do eng gewësse Fläch huet, wou kënne Saachen ze maache sinn.

Ech gesi just e kleng Problem an där Orientatioun, wéi se vun eise grénge Kollegen deelweis virgi gëtt. Dat ass, datt a mengen A bei deene Pisten, déi virgi sinn, mat vläicht enger klenger Zuel vun Ausnahmen, méi Käschten domat verbonne sinn, wéi herno Recetten erakommen. Ech loosse mech awer gär vum Contraire iwwerzeegen an deenen nächste Joren. Ech loosse mech gär dovunner iwwerzeegen, datt déi Usätz, déi hei an do bestinn, och flächendeckend zu positive Re-

sultater féieren op der Zäitschinn. Ech soen lech, datt ech net iwwerzeegt sinn haut dovunner. Mä ech loosse mech awer gär vum Contraire iwwerzeegen.

Ech hätt mer och gewënscht, datt déi gréisst Oppositionspartei och den Effort gemaach hätt, fir Propositionen an Alternativen ze maachen. Et geet net duer, fir heihinnerzekommen an ze soen: „Mir si géint, géint, géint, géint, géint, géint...“, an net ze soen, wat een da géif maachen,...

(Interruption)

...a blo oder giel Bréiwer duerch d'Géigend ze schécken. Et geet drëm,...

► **Une voix.**- Ma dann haalt lech drun!

► **M. Jean-Louis Schiltz (CSV).**- Et geet drëm, fir konkret Propositione virzeleeën. A mir hunn als CSV...

(Interruption)

Mir hunn als CSV...

(Interruptions)

► **Une voix.**- Zéng Stéck!

► **Une autre voix.**- Zéng Impulser.

► **M. Jean-Louis Schiltz (CSV).**- Mir hunn als CSV...

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Wat ass mat Ären 20 Punkten? Wou si se drun?

► **M. Jean-Louis Schiltz (CSV).**- Mir hunn als CSV d'DP net kritiséiert, well se eng Aktioun gestart huet, wou se d'Leit ëm hir Meinung gefrot huet. Mir hunn d'DP kritiséiert, well se keng Konklusiounen aus deenen Äntwerte gezunn huet, déi se kritt huet.

► **Une voix.**- Ma sécher hu mer dat!

► **M. Claude Meisch (DP).**- Dach. Op enger Pressekonferenz hu mer dat.

► **M. Jean-Louis Schiltz (CSV).**- Et ass keng eng Proposition komm zum Beispill am Beräich vun der Betriebsbesteuerung, ausser dem Status quo an ausser enger favorabler Steierlandschaft...

(Interruption)

...mat Allgemengplazen...

► **M. Claude Meisch (DP).**- Dat ass awer eng konkret Alternativ zu deem, wat Dir maacht.

► **M. Jean-Louis Schiltz (CSV).**- Mat Allgemengplaze behaft...

► **M. Claude Meisch (DP).**- An et bréngt de Betriber an den Aarbechtsplaze méi wéi dat, wat Dir maacht.

► **M. Jean-Louis Schiltz (CSV).**- Wat ass d'Fro? Dir wëllt mer eng Fro stellen, Här Meisch.

► **M. Claude Meisch (DP).**- Dir hutt mer eng Fro gestallt. Ech hunn drop geäntwert.

► **M. Jean-Louis Schiltz (CSV).**- Ech mengen net, datt ech lech eng Fro gestallt hunn.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Ma déi ganzen Zäit!

► **M. le Président.**- Här Schiltz, fuert elo viru wann ech gelift.

► **Une voix.**- Dir hutt de Moien net nogelauschtert an da werft Der eis vir, Dir hätt dat de Moien net matkritt. An Dir hutt de bloe Bréif net gelies.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Ech wor hei. Also sot näischt an Ärer Fraktioun, Här Spautz.

► **Une voix.**- E wor ganz eleng hei fir d'DP, dat stëmmt. Um néng Auer.

► **Une autre voix.**- Dir woort zu aacht.

► **M. Jean-Louis Schiltz (CSV).**- Här Bettel! Här Bettel!

(Interruptions)

Här Bettel, ech hu virdrun...

(Interruptions)

► **M. le Président.**- Ech géif lech bieden, dem Här Schiltz nozelauschteren.

► **M. Jean-Louis Schiltz (CSV).**- Här Bettel, ech hu virdrun Är Rou bewonnert um Ufank vun Ärer Ried. An ech hu mech gefrot, ob Der et géift bis zum Schluss vum Mëtteg fäerdeg bréngen, esou roueg ze sinn.



► **Une voix.**- Dir maacht him et net einfach!

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Mä ech stelle fest, datt d'Zäit nach net komm ass, wou Der et fäerdeg bréngt, e ganze Mëtteg roueg lech mat de Leit ausenanerzesetzen. Et war schonn e groussen Effort, datt Der en Deel vun Ärer Ried roueg eriwwerbruecht hutt, mä ech mengen, datt Der nach kéint weider do an déi Richtung...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Ech bewoneren Är Rou haut, Här Schiltz.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Dir gitt, wat de Mëtteg méi spéit gëtt, zousehends méi nervös. Dat ass och verständlech, well ech hunn nämlech nach ëmmer net, ech hunn nach ëmmer net, wat d'Betriebsbesteuerung ausser dem Status quo inklusiv der Adaptatioun vun der Steiertabell ugeet - Här Meisch, do sinn ech d'accord mat lech -, ech hunn nach ëmmer net Är konkret Proposen héieren. Ech hunn der vum Alex Bodry gelies a sengem Budgetrapport. Ech hunn der d'lescht Woch hei vum Här Hoffmann héieren, ech hunn der vun aneren héieren, mä vun lech hunn ech nach keng héieren. Vum Här Etgen hunn ech d'lescht Woch keng héieren. Ech hat alt weinstens gehofft, Dir géift...

► **M. Claude Meisch** (DP).- Da funke mir op enger anerer Wellelängt, Här Schiltz. Dat deet mer leed, mä dann ass dat esou.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- ...Dir géift haut hei Propositione maachen, wéi mer dann an där zentraler Fro vun de Steieren, déi lech jo esou um Häerz läit, géifen an deenen nächste Jore weiderfuere.

Ech soen lech just, datt, wann d'Politik sech dorobber limitéiert, fir de Status quo ze erhalen, da lafe mer net wäit. Mir musse weider an deenen nächste Joren u verschidde kleng Schrauwen dréien. Ech hunn aacht oder zéng Pisten hei opgezielt. Ech fuerderen lech fir d'x-te Kéier eraus, fir och konkret Propositionen do dergéintzesetzen. Ech hoffen, datt mer am Abrëll beim État de la nation endlech - endlech! endlech! -...

► **M. Claude Meisch** (DP).- Penibel, äusserst penibel, Här Schiltz.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- ...endlech Är Propositionen...

► **M. Claude Meisch** (DP).- Et fänkt un, ganz langweileg a penibel ze ginn.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Gesitt Der, mir hunn net genaapst.

► **M. Claude Meisch** (DP).- Hutt Der eng aner Plack?

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Dir hutt nach...

► **M. Claude Meisch** (DP).- Hutt Der nach eng aner Plack?

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Dir hutt nach largement Riedezäit, Dir kënnt meng Erausforderung och haut unhuelen.

► **M. Claude Meisch** (DP).- Ech ka meng Ried nach eng Kéier widderhuelen, wann Der dës Kéier nolauschtert.

► **M. le Président.**- Ech bieden lech elo, dem Här Schiltz nozelauschteren. Jiddweree kann herno nach intervenéieren. All Fraktioun bis op den Här Hoffmann huet nach genuch Zäit.

(*Hilarité générale*)

► **M. André Hoffmann** (déli Lénk).- Dach, bei der Motioun!

(*Brouhaha général*)

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären,...

(*Interruptions*)

...och wann d'Erausforderung fir konkret Proposen net ugeholl gëtt, da wëll ech trotzdem awer nach e puer Observatione maachen zur Manéier, wéi mer matenee verfuere hei zu Lëtzebuerg an an Europa, an och zu deene Prozeduren, déi mer eis ginn.

Wann ech gesinn, wéi mer an Europa déi Diskussiounen haut féieren, da soen ech, datt et héich Zäit gëtt, datt Europa erëm zu sech selwer féint. Ech muss och éierlech soen, datt ech déi Bedenken iwwert den „Europäesche Semester“ hei net ver-

stinn. Well déi nämlech, déi Bedenken umellen iwwert den „Europäesche Semester“, sinn déi, déi sech driwwer opreegen, datt mer musse Griichenland an Irland ënnert d'Äerm gräifen.

Or, hätte mer den „Europäesche Semester“ gehat a wär en uerdentlech applizéiert ginn an engem Land wéi Griichenland, da wäre mer vläicht net do, wou mer elo sinn!

An ech soen lech et - an ech schwätzen do exklusiv an eleng a mengem Numm -, datt ech mengen, datt, wa mer net hëllesch oppassen, déi Prabbelisléisunge laangfristeg de Problem net léisen, wa mer weiderfuere par ailleurs ze diskutéieren a keng Accorden ze fannen.

Wann ech dat esou soen, sinn ech net eleng doranner, well net méi spéit wéi haut huet den Här Strauss-Kahn an engem Interview a Substanz Europa opgefuerdert, sech um Bidon ze rappen. Wann een un Europa gleeft - an dat maachen ech -, da brauche mer en „Europäesche Semester“. Wann een un Europa gleeft, da brauche mer och Elementer vun enger wirtschaftlecher Zusammenarbecht, déi méi staark ass. A wann een un Europa ultimativ gleeft, musse mer eis och kënne mat enger Iddi wéi „Euro-Bonds“ ausenanersetzen an där Elementer ëmsetzen dobaussen.

Wann een alles dat als déi falsch Léisung considéiert, dann ass een un Wee „jiddwereen erëm fir sech“. Ech soen lech: Um Wee „jiddweree fir sech“ ass Lëtzebuerg ee vun deenen éischte Verlëierer dobaussen. Duerfir mengen ech och, datt mer solle schnellstens am Januar eis eens ginn iwwert déi Prozedur, iwwert deen „Europäesche Semester“. Ob mer dat an der Finanzkommissioun, hei am Plenum maachen, ass fir mech zweetrangeg. Ob mer et dräimol d'Joer, ob mer et véiermol d'Joer maachen, ass mer och egal. Mir sollen eis iwwert d'grouss Parametere hei eens ginn; heibannen oder an där enger oder an där anerer Kommissioun vun dëser Chamber.

Dat heescht jo och net, datt, wann do Elementer zesummegebündelt ginn op europäeschem Niveau, datt déi national Parlamenter näischt méi ze soen hunn. Dat heescht just, datt mir op europäeschem Niveau dierfen driwwer matschwätzen, wa bei aneren d'Saachen aus dem Lot geroeden, an dann net musse agräifen herno, wa Griichenland oder anerer Problemer hunn.

Et ass also net, wéi vu verschiddenen Oppositionsriedner hei gemoolt ginn ass, datt mer géifen eis Souveränitéit ofginn. An à l'intérieur vun deene groussen Enveloppen, déi bestinn, kënne mir natierlech - selbstverständlech - nach ëmmer selwer decidéieren, wat mer domadder maachen.

Mir hunn och hei zu Lëtzebuerg Mechanismen, déi net méi esou fonctionnéieren, wéi se an der Vergaangenheet fonctionnéiert hunn. Mir si vun Tripartite op Bipartite gaangen. Mir hunn eng Bipartite, déi zu engem Ofschloss komm ass. Eng aner Bipartite ass net zu engem Ofschloss komm.

Ech mengen net, datt ee soll de Resultater vun där Bipartite virgräifen - där zweeter. Ech mengen och net, datt ee sech soll hei driwwer ausloossen, wat wéi wou an elo do exakt, genau, millimetergenau erauskënn. Et soll een déi zweet vun deene Bipartiten emol schaffe loossen. Iergendwéi muss déi zweet Bipartite am Spiegel weinstens usazweis där éischter gläichen. Well och soss hu mer do näischt gemaach.

De Finanzminister huet iwwregens richtegerweis gëschter hei dorop higewisen, datt et net kéint esou sinn, datt an alle Fäll à tout prix de Konsens misst fonnt ginn. De Konsens ass eppes Guddes. Mä wann de Präis fir de Konsens ze héich gëtt, da muss och d'Politik hir Responsabilitéit huelen.

Här Finanzminister, Dir hutt op jidde Fall eis Ënnerstëtzung och op deem dote Punkt.

Wat iwwregens och dozou féiert, datt d'Chamber net méi, wéi an der Vergaangenheet, zur Caisse enregistreuse vun Tripartitedécisiounen gëtt, mä e Wuert matschwätzt. Ech soen nach eng Kéier, datt d'Chamber net d'Prétention huet - op d'mannst huet meng Fraktioun net d'Pré-

tention -, fir sech do mat un den Dësch ze setzen. Mä datt awer d'Saachen anescht musse zesummegeflecht gi wéi an der Vergaangenheet, dat schéngt mer evident ze sinn. Wann dee Wonsch vun der Tripartite am Joer 2011 net fonctionnéiert, wann dee Wonsch net sollt an Erfëllung goen, da wäert 2011 sécherlech d'Joer ginn, wou d'Chamber an d'Politik am Ganze muss hir Responsabilitéit huelen.

Ech mengen och, datt d'Chamber sech mat deem Budget hei - respektiv kann ech hei nëmme fir meng Fraktioun schwätzen - a mat senge Grondausrichtungen am Detail ausenanergesat huet. Ech wëll lech soen, datt mir an eiser Fraktioun intern de Semestre européen scho praktizéiert hunn. Well mir hunn eis an deenen éischte Méint vum Joer scho mat deem Budget hei ausenanergesat, an ob duerfir aner Kommissiounen sech och nach hei musse mam Budget ausenanersetzen, dat sief emol dohinnergestallt. Sécherlech si Verbesserung méiglech. Mä ech wëll op jidde Fall vu menger Fraktioun hirer Säit aus soen, datt mir eis mat der Prozedur wuelfillen insofern, datt mer eis konnten an der éischter Halschent vum Joer mat deene groussen Aggregater beschäftegen.

Et ass natierlech fir eng Chamber net ganz satisfaisant, datt vu virera praktesch all Ofännerungsméiglechkeeten, Amendementsméiglechkeeten ausgeschloss sinn. Do ginn ech dem Rapporteur Recht. Mä ob mer missten alles an deene Kommissiounen diskutéieren, dat sief emol dohinnergestallt.

Et ass ee vu menge Virriedner, deen huet gesot, d'Muecht, dat wär d'Fäegkeet, et sech leeschten ze kënnen, näischt bäizelëieren. Ech wëll deem entgéintsetzen, datt, wann een an der Majoritéit ass, een net all Moie waakreg gëtt a sech elo freet, fir hei Muecht auszeüben. Wann een an enger Majoritéit ass, da gëtt ee moies waakreg an et stellt ee sech d'Fro: „Wat kann ech haut bewerkstellegen, fir datt et den Owend de Leit hei am Land e besseli besser geet, wéi et hinnen de Moie gaangen ass?“

Fir eis stellt d'Fro sech net an Terme vu Muecht oder Netmuecht, mä d'Fro stellt sech an Terme vun Engagement fir d'Land. D'Fro stellt sech och net: Wat ass gutt fir d'Koalitioun? D'Fro stellt sech och net: Wat ass gutt fir d'Gewerkschaften? D'Fro stellt sech och net: Wat ass gutt fir d'Patronat? D'Fro stellt sech och net: Wat ass gutt fir d'Forces vives de la nation? D'Fro stellt sech: Wat ass gutt fir d'Land? Dat ass d'Moosslat, no där mir eis Politik wëlle bemooss hunn! Et ass och duerfir, wou mir deem Budget hei eisen Accord wäerte ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Schiltz. An elo huet nach d'Wuert gefrot de Budgetsrapporteur, den Här Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vläicht ganz kuerz zum Schluss vun deenen Debatten e puer Wuert vu menger Säit, fir emol Merci ze soe fir déi eenzel Interventionen, déi sech och awer zum Deel konnte beruffen op Deeler vu mengem schrëftleche Rapport. Mä dorëms geet et mer net. Ech wëll op e puer Saachen agoen, déi an der Diskussioun opkomm sinn an déi, mengen ech, och zum Deel et awer méritéieren, nach eng Kéier ervirgehewen ze ginn, respektiv wollt ech dat eent oder dat anert vläicht e bësse riichtstellen, wat hei an der Diskussioun vun eenzelne Stelle behaupt ginn ass.

Fir d'Éischt war et, mengen ech, interessant, an den Ausfëierungen vum Finanz- a Budgetsminister och seng méi fundamental Astellung zur Schold ze héieren. Ech mengen, dat schéngt mer awer wichteg ze sinn, well och dobaussen heiansdo den Androck entsteet, wéi wann een nëmme kéint an engem Nullschuldstat eigentlech weider fonctionnéieren, uerdentlech weider fonctionnéieren. Et ass net esou.

Ech mengen, et ass ganz kloer esou, dass et net anormal ass - an all Ekonomiste soen dat och -, dass e Stat, wéi eng Gemeng och, duerchaus ka Schold maachen, wann déi Schold sech bezitt op produktiv Investissementer. Wann déi Schold an engem

Zesammenhang steet mat produktiven Investissementer, da kann déi Schold souguer am Endeffekt zu engem Eropsetze vun dem nationalen Akommes féiere mëttele- a laangfristeg. Also, eng Schold ass net onbedéngt vum Béisen, wa se richteg agesat gëtt a wa se natierlech begrenzt bleift an och nohalteg ka vun engem Budget gedroe ginn.

Dofir fannen ech et richteg, déi Iddien, déi opgeworf si ginn - an déi musse mer weider diskutéieren an deenen nächste Joren, wa mer eis effektiv eng Marschrount wëlle gi bis 2014, 2015 -, ob een effektiv net ka soen, alles wat Investissementer an d'Schoul sinn, wat Investissementer an d'Uni sinn, alles wat Investissementer a grouss Infrastrukture sinn, déi mer och fir d'wirtschaftlech Entwécklung vum Land weider brauchen, alles wat Investitiounen an d'Fuerschung sinn, dass dat alles Saache sinn, wou een och kann op Emprunten zrëckgräifen, also op friem Mëttelen zrëckgräifen, fir déi mat ze finanzéieren. Dat schéngt mer richteg ze sinn.

Mir hu jo eng Politik och gehat, ouni dass vill doriwwer geschwat ginn ass an deene leschte Joren. Et ass deelweis, et sinn der 200 Milliounen insgesamt virgesinn d'nächst Joer. Mä déi Politik gëtt scho méi laang gemaach, dass eenzel Investitiounsfonge vum Stat jo regelméisseg selwer Emprunte maachen. An dat féiert natierlech och zu enger Erhéijung vun der Statschold, wann een den Zentralstat kuckt a sech net reng op den nationale Budget beschränkt.

Ech wollt eppes vläicht och hei richtegstellen, wat de Moien hei vum éischten DP-Spriecher, dem Här Meisch, behaupt ginn ass: wéi wann u sech de Stat misst léine goen, fir seng lafend Käschen ze bezuelen, seng lafend Ausgaben ofzedecken. Dat stëmmt esou net.

Wann een d'genau Zuele kuckt an et vermëscht een net Äppel mat Biren, wat och passéiert an der Diskussioun, an et kuckt een effektiv d'Zuele vum Statsbudget, iwwert dee mer elo gläich wäerten ofstëmmen, da stellt ee fest, dass dee Statsbudget fir d'nächst Joer en Defizit opweist vu 684 Milliarden, dass also an deemselwechte Statsbudget...

► **Plusieurs voix.**- Milliounen!

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *rapporteur.*- Milliounen, pardon, 684 Milliounen Euro, ...dass an deemselwechte Statsbudget awer 944 Milliounen virgesi sinn, fir Investissementer ze tätigen. Sou dass een also gesäit, dass mer u sech awer och en Deel vun den Investissementer, en Drëttel ronn vun den Investissementer awer iwwer eege Mëttele finanzéieren, an dass zwee Drëttel vun deenen Investissementer - dat si jo hei nëmme déi direkt Investissementer vum Stat - iwwer Réckgrëff op friem Mëttelen, also op Emprunten, a méi verschëllt zrëckbezuelt ginn. Also och do, mengen ech, ass d'Situatioun net esou dramatesch, wéi se hei duergestallt gëtt.

Et gesäit een iwwerhaupt, dass u sech zwar d'Zuelen, déi hei behandelt ginn, déiselwecht sinn, mä dass natierlech jee no de Fraktiounen den Akzent entweder op deem méi Negativen oder op deem méi Positive läit. Dat spigelt och e bëssen dat erëm, wat ee schonn an den eenzelnen Avisé vun de Chambres professionnelles am Virfeld zu dësem Budget erëmfonnt huet.

Eng aner Remarque, déi ech wollt maachen, bezitt sech op d'Iddi, déi hei vum Minister erëmgeholl ginn ass. En huet se ganz virsiichteg formuléiert. Et ass eng Fuerderung, eng Suggestioun, déi och vun de Patronatschamberen eigentlech bei den Avisen zu dësem Budget ervirbruecht ginn ass: d'éventuell Aschreiwung vun enger Scholdebestëmmung, Scholdebremms oder Scholdegrenz an eis Verfassung.

Ech muss do soen, mir hunn déi Fro net bei eis an der Kommissioun diskutéiert. Perséinlech wëll ech awer staark Reservieren do umellen, fir op deen dote Wee ze goen. Et ass den däitsche Wee. Den däitsche Wee, deen awer och momentan an Europa an och souguer vun eisem Premier ganz

staark awer an eenzelnen Aspekter a Fro gestallt gëtt. Et muss een och gesinn, wat fir eng Wirtschaftsschoul eigentlech déi dote Suggestioun mécht: Dat si genau déiselwecht, déi soen, mir brauchen eng onofhängeg Instanz, déi d'Chiffere liwwert fir d'Opstellung vun de Budgeten. Dat sinn u sech Ekonomisten, déi null Vertrauen an d'Politik hunn, déi mengen, et kéint een nëmme mat enger wirtschaftlecher Ratio un all déi Froen do erugeen, an déi eigentlech soen, Dir musst lech - also d'Politik selwer muss sech - juristesche esou anengen, dass se am Zaum bleift.

Ech mengen, do sollt een déiselwecht kritesch Haltung, déi de Minister hat zu deem Comité de prévision als onofhängeger Instanz, déi praktesch kengem misst Rechenschaft ofginn, déiselwecht gesond Distanz, mengen ech, sollt een eigentlech och zu deenen doten Iddien hunn, fir verfassungsrechtlech eigentlech Budgetsbestëmmungen anzeschreiwen.

Mä da muss ee sech jo och d'Fro stellen - an eis Verfassung ass jo och net esou ausgeriicht an hirem Inhalt bis elo, mir hunn net de Genre vu Verfassung, wéi Däitschland zum Beispill se huet, mir si vill méi konzis eigentlech an eise Regeln -, da muss ee sech natierlech och d'Fro stellen, da musse mer déi Debatt awer da féieren, wa mer dohinner ginn a mer fänken un, budgetär Normen anzeschreiwen an eis Verfassung, da stellt sech d'Fro: Wie kontrolléiert dann, ob se dann och respektéiert ginn? Mir hunn net d'Verfassungsgeriicht och wéi an anere Länner. Et fonctionnéiert bei eis e bëssen anescht.

Da muss een awer och dierfen d'Fro stellen: Misst een dann awer net am selwechten Zesammenhang - well jo awer e Stat net nëmme reng no wirtschaftleche Kritäre fonctionnéiert, mä och aner Saache muss berücksichtegen -, misst een dann net och am Ëmweltberäich, zum Beispill, sech Regele ginn, déi ee géif verfassungsrechtlech dann ofsécheren? Zum Beispill, wat de Klimaschutz ugeet. Misst een dann net och am soziale Beräich sech eng Regel ginn, wou ee seet, mir wëllen elo aschreiwen, wou zum Beispill eist Zil ass, wat den Aarmutsrisiko hei zu Lëtzebuerg ugeet oder wat d'Zuel vun de Leit ugeet, déi hir Schoulausbildung ofbriechen?

Also alles dat si Froen, wou ech perséinlech géif warnen, dass mer eis géifen hardi doranner stierzen. Well dat doten awer mat enger ganzer Rëtsch vu komplexen Ausféierungen nach gekoppelt ass, wou ech also géif éischter warnen, fir op deen däitsche Wee op deem dote Punkt ze goen.

Mir wiere scho frou - dat froe mer jo eigentlech an enger Motioun -, dass mer emol eng Kéier géifen zrëckkommen zu enger politescher Budgetsnorm, déi mer emol eng Kéier haten, an iwwert déi eigentlech déi lescht Joren net méi ganz vill diskutéiert ginn ass, geschwat ginn ass, an déi een och an der Circulaire budgétaire eigentlech net méi an enger quantifizierter Form an deene leschte Joren erëmfonnt huet. Ech mengen, dat wier emol en éischte Schrack, ier een u juristesche Mëttele denkt, fir op deem dote Punkt vläicht virunzegoen.

E leschte Punkt, deen ech wollt opwerfen, dat ass deen, deen och hei vun eenzelne Riedner ugeschnidde ginn ass - wou d'Aschätzung zwar verschidden ass no Fraktioun, wou besonnesch d'DP drop geridden ass - dat ass déi Affär vun der Belaaschtung vun de Betriber, déi schwéier nach ze erdroe wier an deenen Zäiten. Do wëll ech éischstens emol drun erënnere, dass déi Belaaschtung...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Den Här Krecké sot dat.

► **Une voix**.- D'Madame Hetto sot dat.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Ech zitieren den Här Krecké.

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *rapporteur*.- D'DP, déi mengt dat net. D'DP mengt, et wier alles elo an der Rei.

► **M. Claude Meisch** (DP).- Dach, dach. Mä den Här Krecké seet et och.

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *rapporteur*.- Mä da wëll ech eppes dozou soen. Ech komme vläicht...

► **M. Claude Meisch** (DP).- Klärt dat emol bei lech an der Partei.

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *rapporteur*.- ... bei engem Beispill dorop...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Ech ginn lech den Artikel, Här Bodry, da kënnt Der genau den Här Krecké liesen.

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *rapporteur*.- Ma da waart elo emol.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Neen, ech ginn lech et just mat.

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *rapporteur*.- Waart elo, loosst mech hei ausféieren, wéi et ass.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Jo, jo.

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *rapporteur*.- Ech wëll drun erënnere, wat d'Betriber ugeet, dass an deem Konjunkturpak - dee jo net esou al ass, mä mir vergiesse jo ganz schnell, duerfir hu mer deen och am Rapport nach eng Kéier rappeliert -, dass an deem Konjunkturpak am Mäerz 2009 eng ganz Partie Moosnamen dra waren, déi drop ausgeriicht waren, fir de Betriber ze hëllef, an déi de Betriber och gehollef hunn. Et kann een also net soen, dass an de Joren 2009 an 2010 näischt an deem dote Punkt geschitt ass.

Mä och do, mengen ech, musse mer awer eng Kéier och erëm an d'Normalitéit zrëckkommen. Et kann een net soen, d'Kris ass eigentlech eriwwer, dat Schlëmmst vun der Kris ass eriwwer, an da soll dann net méi an deem dote Beräich och deem Rechnung gedroe ginn. Mä ech mengen, och do musse mer dann en doucen Ëmschwung maachen erëm an eng normal Politik an ewechkomme vun engem ze vill staarke Pousséieren, och wat d'Betriber ugeet.

Dat Zweet, wat ech awer wollt dozou bemierken, dat ass, wann ee vu Betribssteiere schwätzt, dass dat net nëmme eng Affär um Stat ass, mä dass och d'Gemengen eng Responsabilitéit hunn, wat d'Betribsbesteuerung ugeet. D'Gemeenge leeën den Hiewesaz vun der Gewerbesteier fest, eng Gewerbesteier, déi eppes manner wéi 600 Milliounen Euro - dat ass vill - am Joer abréngt. Wat also och fir d'Betriber wierlech en décke Batz kann duerstellen, soufern se Steiere bezuelen.

An do ass et jo esou, dass net all Gemeng deeselwechten Hiewesaz festleet. Wann een en Appel mécht, fir op d'Betriber opzepassen, sollte vläicht och déi Leit, déi Responsabilitéiten hunn, an hire Gemengen dat doten och maachen. An dat gëllt och fir eng grouss Gemeng: Ech mengen, dat ass déi drëttréissst hei zu Lëtzebuerg, am Südweste vum Land, déi den héchste Gewerbesteiertaux huet.

(Interruptions)

Deen héchste Gewerbesteiertaux! D'Gemeng Déifferdeng, Här Lux, huet den héchste Gewerbesteiertaux vun enger Stad hei zu Lëtzebuerg. An der Kris ass dat do...

(Interruptions)

No der Kris, do geet dat weider. Wann een hei vu Kohärenz vun der Politik schwätzt, mengen ech, ass et och wichteg, dass een dat berücksichtegt. An da muss een och kucken, wou déi Plaz ass hei zu Lëtzebuerg, wou d'Betriber déi héchste Steiere bezuelen. Da gesäit een dat vläicht e bëssen anescht.

Merci.

► **M. le Président**.- Här Bodry, erlaabt Der, datt den Här Meisch lech eng Fro stellt?

► **M. Claude Meisch** (DP).- Ech wëll der eigentlech zwou stellen. Ech wëll den Här Bodry froen, ob hie sech nach erënnert, wéini datt deen Taux op deen doten Niveau gesat ginn ass a wien dann deemools och eng staark Representatioun am Gemengen- an am Schäfferot hat zu deem Moment?

Ech wollt hien awer och froen, wa mer hei jo e bësse Gemeindepolitik maachen, wat den Här Bodry vun der Proposition géif halen, datt een effektiv am Süde géif op een Niveau kommen - well ech et net onbedéngt gutt fannen, datt mer do Ënnerscheeder hunn -, mä dann awer och esou,

datt een iwwer eng Répartitioun vun där Gewerbesteier, déi am ganze Süden erwirtschaft gëtt, misst kënne schwätzen. Wann dat eng Propos ass, déi een am Süde ka maachen am Pro-Sud, an ech hat der Presidentin vum Pro-Sud se d'ailleurs schonn eng Kéier...

► **Une voix**.- An déi wollt Dir net mat huelen...

► **M. Claude Meisch** (DP).- Neen, neen, neen. Et ass ganz kloer, datt d'Stad Déifferdeng d'Propos huet, fir iwwer eisen Taux ze schwätzen, wa mer eis am Süde kënne eens ginn, op een Niveau ze goen, awer gläichzäiteg eng Redistributioun kënne maache vun all deem, wat regional an d'Déppe kënnt, en fonction vun der Awunnerzuel vun deenen eenzelne Gemengen. Da loosse mir ganz gäre mat eis doriwwer schwätzen.

De Ball läit bei dem Buergermeeschter vun der Stad Diddeleng. A wann den Här Wolter an d'Madame Mutsch nach hei d'accord wieren, da sinn ech der Meinung, datt mer déi aner aacht, vläicht nëmme nach siwe Kolleegen am Pro-Sud do schnell géifen iwwerzeegt kréien.

Merci.

► **Une voix**.- Et gëtt wierklech Zäit, dass Dir Buergermeeschter vun Déifferdeng gitt!

(Interruptions)

► **Une autre voix**.- Et ass gutt, datt d'CSV..., datt mer d'Trennung vu lokalen an nationale Mandater hunn.

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *rapporteur*.- Mir schwätzen hei iwwert d'Gewerbesteier. Et geet ëm d'Betribsteier. Ech wëll dat nach eng Kéier soen. An ech wëll hei soen, dass d'Gemeng Déifferdeng effektiv mat 350%, dat heescht, si multiplizéiert deen normalen Taux mat dräi Komma...

► **M. Claude Meisch** (DP).- Ech hat lech eng Fro gestallt.

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *rapporteur*.- Selbstverständlech kommen ech dorop zrëck. Här Meisch, ech brauch lech jo hoffentlech net als Buergermeeschter ze soen, dass de Gemengerot all Joers am Prinzip d'Tauxen nei festleet. Dat heescht, Dir kënnt hei net mat Tauxe kommen, déi virun zéng Joer festgeluecht gi sinn. Mä Dir kënnt mat deenen Tauxe kommen, déi an de Krisejoren 2008 an 2009 vum Gemengerot vun der Stad Déifferdeng festgeluecht gi sinn. Dat ass den héchsten Taux. Keng Rücksicht op d'Krisensituatioun! Et ass einfach weidergefuer ginn! A selbstverständlech ass Diddeleng bereet, doriwwer ze diskutieren, well mir kënne bal nëmme méi erauskréien!

► **Une voix**.- Voilà, déi sëtzt!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Bodry. Elo kritt d'Wuert den Här Finanzminister Luc Frieden.

► **M. Luc Frieden**, *Ministre des Finances*.- Här President, ech wëll net an deem Syndikat vun de Südgemengen elo hei mat intervenieren. Dat maache mer eng aner Kéier. Mä ech géif gären zum Schluss vun deser Debatt all deene Merci soen, déi zu deem wichtige Gesetz, nämlech dem Budget fir d'nächst Joer, Stellung geholl hunn, nach eng Kéier dem Budgetsrapporteur Alex Bodry, mä och all deenen anere Kolleegen.

Ech hu fonnt, datt et op wäite Strecken eng ganz gutt, eng sachlech, eng fair Debatt war. Et war mer e bëssen Angscht ginn no der Debatt d'lescht Woch iwwert de Spuerprogramm. An ech muss soen, dat war eng interessant Debatt, déi mer haut hei erlieft hunn, déi och eng Rei ënnerschiddlech politesch Vuen, heiansdo ideologesch Vuen, un d'Dageslicht bruecht huet. Dat fannen ech en fait gutt, well et ass oft gesot ginn, d'Parteien hunn alle guerten déi nämlech Meinung. Ech mengen, dat mécht also de Choix vun de Bierger bäi de Wahlen méi einfach. Et gëtt nun emol eng Rei ënnerschiddlech Meinungen, an déi sinn zum Deel, net ganz, mä zum Deel och hei virkomm.

Ech géif gären nëmme ganz kuerz op e puer Punkten zrëckkommen. Dat Eent, dat ass, datt hei e puermol gesot ginn ass, datt mer sollte beim Stat en „zero-base budgeting“ maachen, also all Dépense kucken, vun Ufank un, an datt de Stat bei sech

selwer kéint méi spueren. Dat sinn zwee Sätz, déi si liicht gesot, a mat deene sinn ech zweehonnert Prozent d'accord. An ech soen lech, datt dat all Joers gemaach gëtt.

Et ass net esou, wéi den Här Gibéryen gesot huet, datt d'Beamte géife soen, bei hinne wier dat guer net esou a si géifen net mierken, datt misst gespuert ginn. Well d'Beamte schécke Budgeten eran an hire Minister, de Minister gëtt se weider, an déi meescht hu sech déck beklot, datt mer dëst Joer gespuert hunn.

Wat ech awer elo proposéieren: Ech kommen elo an d'Finanzkommissioun mat zwee Departementer, mat deem zoustännege Minister, an da gi mer Rei fir Rei duerch. An dann hätt ech gären, datt konkret gesot gëtt - an dat muss dann och öffentlech gesot ginn -, wat een da fënnt, datt een net mécht. Ech hunn deen Exercice selwer gemaach - net bei all Linn vum Budget, do fënnt ee sécherlech nach déi eng oder déi aner Saach -, mä dat gi keng gréisser Volumë vu Spuermoosnamen.

Dat Zweet, wat ech an deem Kontext wëll soen, firwat datt dee Saz esou gär gesot gëtt: „De Stat soll bei sech selwer spueren.“ Well, wann een deen einfach esou seet, da klappt jiddwereen an d'Hänn a jiddweree fënnt iergendeppes, wat e fënnt, datt onnëtz wier. Ech begéinen och all Dag esou déi eng oder déi aner Saach, wou ech mer soen: Muss dat dote sinn? Mä, wann ech wierklech no de grousses Volumë kucken, da gëtt déi Debatt vill méi eng spannend Debatt. An dann hätt ech och gären, datt se géif öffentlech gefouert ginn, an da muss een dozou Faarf bekenne.

Ech soen nach eng Kéier: Ech ginn all Joers d'Instruktioun a gesinn dat och, datt, wann de Budget opgestallt gëtt, sécherlech iwwer all Kredit diskutéiert gëtt. Mir kënne dat awer och nach eng Kéier methodesch maachen, an ech géif dat wierklech gär mat e puer Deputéierte vun e puer Fraktiounen unhand vun e puer Budgete maachen, mat deenen zoustännege Ministeren, datt mer da gesinn, wéi vill een zousätzlech do ka spueren. Ech sinn do ganz oppen. Well alles, wat mer vu gudden Iddië gemeinsam droen, fir kënne onnëtz Saachen, déi da breet gedroe ginn, also onnëtz Saache kënne ofzeschaffen, huet bei mir kee Widerstand, wäert bei mir kee Widerstand fannen.

Eng zweet Remarque, déi ech wollt maachen, betrëfft déi Diskussiounen ronderëm dee Bréif, dee mer kritt hu vun dem Eurogroup. Ech wëll dem Här Gibéryen soen, datt dat kee Bréif ass vum Här Juncker un den Här Juncker. Dat ass e Bréif, deen den Eurogroup schreift, no enger Diskussioun, un de Finanzminister vu Lëtzebuerg. Dat ass also weder e Bréif vum Här Juncker un den Här Juncker. Dat ass e Bréif vun alle Kolleegen vum Eurogroup - vun alle Kolleegen, datt sinn also 16 Finanzministeren -, déi mir dee Bréif schécken. De Lëtzeburger Statsminister vertritt an deem Grupp net Lëtzebuerg, en ass de President vun deem Grupp. Et sinn also déi aner, déi eng Rei Observatiounen maachen, an déi schécken eis dat.

Ech hu jo gesot a menger Ried hei, datt een dat net alles muss gutt a richtig fannen. Mä ech fannen - an dat ass hei am Fong net richtig geschitt -, datt ee muss zu deenen eenzelne Punkten awer eng demokratesch Debatt féieren, an datt déi Deel ass vun deem, wat eng Koordinatioun vun de Wirtschaftspolitiken ass. Mir mussen eis mat der Fro auserneeetzen: Firwat soen déi dat? An et ass déi Debatt, mengen ech, déi mer nach eng Kéier musse féieren. Duerfir mengen ech, datt een déi Dokumenter net nëmme, wéi ech dat wëlles hunn, op den Internet setzt, mä, datt mer och doriwwer mussen - an enger Kommissioun oder heibannen - eng Kéier eng méi breet Debatt féieren.

Dat ass och eng Debatt, déi kann net nëmme just eng Kéier um Enn vum Joer gefouert ginn. Déi féiere mer am Kader vum „Europäesche Semester“. An déi musse mer och duerno féieren. Duerfir wëll ech och soen: Och déi Diskussiounen ronderëm d'Käschten, d'Lounkäschten an aner Elementer vun der Konkurrenzfähigkeit vum eiser Wirtschaft, déi féiert ee jo net nëmme 2011. Duerfir sinn déi och net mat Tripartiten oder Bipartiten - déi



mer gemaach hunn oder déi mer nach maachen - ofgeschloss!

Ech mengen, datt déi Diskussiounen - och déi Propositionen, déi gemaach gi sinn zum Index vun deene Gréngen, vun der DP, vun der CSV -, datt dat Diskussiounen sinn, déi mer sécherlech och no 2011, 2012, 2013, 2014 musse féieren, an da muss ee kucken, ob een do déi eng oder déi aner strukturell Ännerung mécht.

Zum Beispill d'Diskussioun iwwert d'Eraushuele vun de Pétrolspräisser aus dem Index. Ech mengen net, datt dat eng Diskussioun ass, déi elo am Ufank vum Joer 2011 muss gefouert ginn. Mä dat ass eng, déi am Liicht och vun der Entwécklung vun de Pétrolspräisser, am Liicht och vun der genereller Evolutioun vun der Economie muss an deenen nächste Jore gefouert ginn. Well mir hätten - an do huet keen de Contraire hei gesot - jo gären, datt d'Betriber och zu Lëtzebuerg géifen Aarbechtsplazen halen an neier schafen.

D'Käschtekompetitivitéit ass och net nëmmen eng - an dat seet och net den Eurogroup -, déi sech op déi dote Fro muss konzentréieren. Déi huet och aner Elementer. Ech hunn a menger Ried gëschter versicht, eng Rei vun deenen anere Pisten ze soen.

Ech wëll an deem Kontext och nach eng Kéier drop hiweisen, datt meng sougenannte finanzpolitesch Doktrin - déi den Här Lux hei ënnerstëtzt huet an an där e gesot huet, domadder wier jo am Fong jiddwereen d'accord - een Element awer wëll ënnersträichen, wou ech net onbedéngt mengen, datt jiddwereen d'accord ass. Jiddwereen ass vläicht d'accord mat deenen eenzelne Konzepter: Budgetdisziplin, sozial Kohesioun a wirtschaftlech Entwécklung.

Wichtig ass a menger Analys, datt déi dräi mussen zesumme goen an net kontradiktorech sinn, an datt duerfir déi Elementer, déi ech doranner genannt hunn... Et kann ee sécherlech eng sozial Kohesioun produzéieren, andeem een enorm héich Steiere géif zum Beispill sech afale loossen. Déi wier awer géint déi Politik, déi ee bei der wirtschaftlecher Entwécklung mécht.

An d'Zesummespill dovunner hu mer vläicht net genuch an deene leschte Jore gemaach, respektiv - an dat ass dat Neit - mir sinn an engem neie Film. Dee Film, datt ass déi ganz grouss international Wirtschaftskris, déi zwar vläicht op en Enn geet, mä déi duerch d'Turbulenzen op de Finanzmäert eng nei gedikt kritt huet an déi doduerch och op Lëtzebuerg wäert déi nächst Joren nach eng Répercussioun hunn. An ech wier frou, wa mer dat breet droen, datt mer bei all Décisioun kucken: Ass se, setzt se sech an déi Doktrin do eran? A setze mer net do kontradiktorech Signaler?

An deem Sënn wollt ech och als nächst Remarque soen, datt ech d'accord sinn, eng Budgetsnorm erëm ze maachen. Ech soen lech awer och, éischtens, datt, wa mer eng gemaach hätten, datt mer déi dëst Joer voll a ganz respektéiert hätten. Dat war nämlech ëmmer d'Berechnung: Wat ass mëttelfristeg d'Wirtschaftswuesstum? An da mat engem gewëssene Correcteur gerechent. Dann hätte mer kënnen d'Dépenses ëm quasi 5% wuesse loossen. D'Dépensé wuessen nëmmen ëm 3,6% am Verglach mat dem leschte Budget, an 1,9% par rapport zu de Previsiounen vun den Dépensé vun deem Joer. Mir sinn also ënnert der klassischer Budgetsnorm, wéi mer se fréier haten.

Firwat hunn ech se net méi gemaach a firwat hunn ech se net méi publizéiert? Aus där einfacher Ursaach, datt dat géif en fait verlaangen, wéi dat fréier och de Fall war, datt och d'Einnahme géifen d'nämlecht wuessen. Or, mir kënnen net méi d'Dépenses - op d'mannst net fir de Moment - esou vill wuesse loossen, well d'Einnahmen net am nämlechte Mooss wuessen. D'Einnahme wuessen, Gott sei Dank, mä si wuesse manner schnell. Duerfir ass deen zousätzleche Kritär, dee mer musse bei eng Budgetsnorm awer setzen: Wéi behale mer de Budgetsdefizit méiglechst kleng respektiv kréie mer e reduzéiert mëttel- a laangfristeg?

Grondsätzlech, wéi gesot, hunn ech dat heiten eng gutt Debatt fonnt. Eng Debatt, déi natierlech net därer den Owend opha-

len. Déi hält hoffentlech den Owend fir de Budget 2011 mam Vote vun der Chamber op; mä déi muss awer an enger ganzer Rei vu Punkten, déi vun der Chamber gesot gi sinn, déi ech och gëschter a menger Ried hat, weidergoen: déi fundamental Froen, déi mer eis krisebédéngt nei musse stellen, iwwer wat fir e Land mer wëllen a wat mer wëlle maachen, fir Betriber och zu Lëtzebuerg ze hunn, déi Aarbechtsplaze schafen an déi eis erlaben, Sozialpolitik ze finanzéieren.

Well d'wirtschaftlech Entwécklung ass d'Basis, fir iwwerhaupt kënnen Sozialpolitik a sozial Kohesioun ze maachen. Deen anere Wee fonctionnéiert net. Duerfir brauche mer wirtschaftleche Wuesstum. De wirtschaftleche Wuesstum ass net alles, mä mir brauchen en, fir villes kënnen ze maachen. An ech hoffen, datt mer déi Debatt roueg kënnen am Laf vum Joer 2011 féieren!

Duerfir wëll ech och soen, datt ech mat allen aacht Punkte vun der Motioun, déi hei vum Budgetsrapporteur erabruecht ginn ass, d'accord sinn. Eng Rei vun deene Punkte si souwisou net an dräi oder sechs Méint ze maachen. Et ass eng flott Richtung, wat d'Finanzpolitik fir déi nächst Joren ubelaangt. Ech mengen, mat där Motioun - déi jo aus dem Budgetsrapport eraus entstanden ass, déi d'Konklusiounen vun deem Budgetsrapport iwwerhëlt - ass d'Regierung d'accord a wäert zesumme mat der Chamber versichen, déi Punkten do an deenen nächste Joren och ëmzesetzen.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci och nach eng Kéier dem Finanzminister Luc Frieden. Domadder wiere mer um Enn vun eise Budgetdiskussiounen a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Budget fir d'Joer 2011.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Budgetsprojekt 6200 ass ugeholl mat 39 Jo-Stëmmen, géint 21 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden (par M. Félix Eischen), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol).

Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Motion 1

Dann hu mer hei nach eng Motioun, déi vum Budgetsrapporteur erabruecht ginn ass. Wie freet dozou d'Wuert? Den Här François Bausch.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Här President, déi Motioun hei, et kënnt een net derlaanscht, fir e bëssen ze schmunzelen, wann een déi liest, well déi ass eigentlech relativ gutt. Do stinn och vill Saachen dran...

(Interruptions)

Do stinn och vill...

(Interruptions)

Ee Moment, ee Moment. Do stinn och vill Saachen..., ee Moment emol, gedëllegt lech...

► **Une voix.** - Et kënnt nach e „mä“.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Gedëllegt lech, gedëllegt lech!

► **Une voix.** - Et kënnt nach e „mä“.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Do stinn och vill Saachen dran, wéi gesot, déi richtig sinn. Mir hätte léiwer gehat, natierlech, wann am Budget..., respektiv wann des Koalitioun, wéi se ugetratt ass, sech dat heite scho vun Ufank un zu Häerz geholl hätt. Mir fäerten, datt et mat där Motioun hei wäert goen,...

► **Une voix.** - Wéi mat all deenen aneren.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- ...wéi mat ville Motiounen, déi mer hei stëmmen an deem Parlament: datt et vill gutt Virsätz wäerte bleiwen, mä datt des Majoritéit net wäert bereet sinn, se ëmzesetzen. Mir sinn awer bereet, se matzestëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Ooohhh! Aaahhh!

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Just e klenge Changement wollt ech awer proposéiere bei deem leschten Tiret iwwert d'Finances communales. Do wollt ech proposéieren: «à amorcer la réforme des finances communales dans le respect des orientations stratégiques de l'aménagement du territoire et en concomitance avec la réforme territoriale». Ech fannen dat wichteg. Well mir sollen awer net vergiessen, am Kontext vun der Gemeengefinanzreform, datt et en IVL-Dokument ginn ass mat enger Rei Definitiounen, déi awer hei och solle berücksichtegt gi bei där Reform.

Wann Der domadder d'accord sidd...

► **Une voix.** - Haalt op, well soss...

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Wann Der domadder d'accord sidd, da géife mir déi Motioun hei matstëmmen. Wéi gesot, och wa mer fäerten, datt et e fromme Wonsch wäert bleiwen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - De Rapporteur an Auteur vun der Motioun freet d'Wuert.

► **M. Alex Bodry** (LSAP), rapporteur.- Jo, ech mengen, et dierft kee Problem sinn, fir domadder d'accord ze sinn, well dat eigentlech och déi Iddi erëmhëlt, déi am Rapport selwer och nach eng Kéier ervirgestrach ginn ass, dass ëmmer Rieds gaangen ass, och sengerzäit an der Spezialkommissioun iwwert d'Territorialreform, dass misst am Fong bei där Gemeengefinanzreform sech och orientéiert ginn no de Richtlinien eigentlech vun der Landesplanung. Ech mengen, dat do entsprécht eigentlech och deem, wat mer am Rapport schrëftlech festgehalten hunn. Kee Problem also, fir deen Amendement unzehuelen.

► **M. le Président.** - Den Här Hoffmann freet d'Wuert.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Här President, ech wäert mech bei der Motioun enthalten. Et stinn zwar bei den Invitiounen un d'Regierung eng Rei vu vernünftege virun allem prozedurale Virschléi. Dee leschte Punkt, dee fält mir natierlech och speziell op, well ech schonn zënter 40 Joer esou ähnlech Motiounen gelies hunn: mer missten elo endlech un eng Reform vun de kommunale Finanzen goen. Ech si relativ skeptesch, wat d'Realiséierung vun där Reform betrëfft.

Anerersäits stinn awer wierklech an de Considérant Punkten, deenen ech net kann zoustëmmen. Wann do steet: «...vu les conclusions retenues par la Commission des Finances...», da stëmmen ech dem Rapport vun der Commission des Finances zou. Dir hutt verstanen, dass ech dat net ka maachen.

(Brouhaha)

Eise Système fiscal, deen huet fir mech méi wéi Faiblesse, wéi et hei steet, sondern deen ass carrément, menger Meinung no, sozial ongerecht.

An och par rapport zum Programme de stabilité et de croissance wësst Der, well ech hunn dat och scho gesot, do hunn ech gehéireg Reserven, wat déi politesch a sozial Ausrichtung vun deem Programme de stabilité betrëfft.

Duerfir wëll ech mech enthalten.

► **M. le Président.** - Den Här Meisch freet d'Wuert.

► **M. Claude Meisch** (DP).- Här President, effektiv gradesou wéi de Fränz Bausch, Kolleg vun deene Gréngen, fanne mir, datt munch Iddi, déi doranner steet, sécherlech ënnerstëtzenswäert ass. Ganz vill Iddië sinn awer sécherlech net nei, hu mir selwer emol schonn an d'Diskussioun bruecht, waren op anere Plazen an der Diskussioun. A wann ech d'Debatt haut de Mëtteg hei héieren hunn an haut de Moien, da muss ech awer soen, datt ech wéineg Fiduz an des Regierung hunn, datt se dat doten alles wëllt ëmsetzen. Well ganz villes vun deem, wat do gefuerdert ginn ass, hätt scho laang missen ëmgesat ginn, an dat ass fir eis Grond genuch, fir dat doten net ze ënnerstëtzen!

(Interruptions)

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Gutt, wann da soss keng Wuertmeldung méi ass... Den Här Gibéryen freet nach d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Här President, normalerweis misst een als Opposition esou eng Motioun wéi déi heite mat Nee stëmmen. Mä, wann een herno awer kuckt, zu wat d'Regierung hei alles invitéiert gëtt, da kënnt dat heite scho bal engem Mësstraue vun der Majoritéit vis-à-vis vun hirer Regierung gläich.

(Brouhaha général)

An an deem Sënn stëmmen mir se mat.

(Hilarité générale)

► **M. le Président.** - Gutt, ech géif dann déi Motioun zum Vote à main levée stellen.

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés,

- *vu les conclusions retenues par la Commission des Finances et du Budget dans son rapport sur le projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2011;*

- *rappelant les conclusions des rapports budgétaires des années antérieures qui se prononçaient en faveur d'une réforme de la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État en vue de l'introduction d'une budgétisation par objectifs, moyens et résultats;*

- *vu la mise en œuvre au niveau européen d'une nouvelle procédure de coordination et de surveillance des politiques budgétaires et économiques de États membres, appelée «semestre européen», qui encadrera dès 2011 la procédure budgétaire sur le plan national;*

- *considérant que cette procédure prévoit l'adoption concomitante, à un stade précoce, du Programme national de stabilité et de croissance et du Programme national de réforme élaboré dans le cadre de la stratégie Europe 2020, qui détermineront dans une large mesure les grandes orientations économiques et financières du budget de l'État;*

- *considérant les conclusions du rapport spécial de la Cour des Comptes du 21 juillet 2010 concernant la qualité de la planification des recettes fiscales qui fait état de faiblesses au niveau de la comptabilité et des techniques de prévision fiscales, d'un manque de maîtrise des soldes d'impôt et d'un manque de moyens du côté des administrations fiscales;*

- *considérant de manière plus générale qu'il convient d'améliorer la coordination des travaux des différentes institutions et administrations impliquées dans la collecte et le traitement des données économiques, financières et sociales;*

- *considérant l'importance, sur le moyen et le long terme, d'une maîtrise des dépenses pour*



le rétablissement de l'équilibre budgétaire et le maintien de finances publiques saines, ainsi que pour la création d'une marge budgétaire qui permet la mise en œuvre d'une politique économique et financière contre-cyclique en cas de besoin;

- afin d'amortir une chute probable de certaines recettes budgétaires dans un avenir proche;

- considérant que le système fiscal luxembourgeois, bien qu'il soit généralement performant, présente certaines faiblesses qui devraient faire l'objet d'une analyse plus fine et, le cas échéant, d'adaptations,

invite le Gouvernement

- à associer le Parlement activement à la nouvelle procédure budgétaire dite «semestre européen» en amont de la communication

aux instances européennes du Programme national de stabilité et de croissance et du Programme national de réforme de la stratégie Europe 2020;

- à entamer le travail en vue d'une réforme de la législation sur la comptabilité nationale en y introduisant une rationalisation des choix budgétaires basée sur la fixation d'objectifs et une évaluation des résultats obtenus à la lumière des moyens déployés;

- à prendre des mesures pour améliorer le flux des informations économiques et financières entre les instances compétentes (IGF, STATEC, BCL) et optimiser ainsi les analyses et les projections macroéconomiques et budgétaires;

- à effectuer une analyse critique des dépenses courantes de l'État en vue d'un recours à la méthode du «budget base zéro»

lors de l'établissement du projet de budget pour l'exercice 2012;

- à envisager la réintroduction d'un mécanisme de norme budgétaire dans un cadre pluriannuel, d'abord pour l'État, puis dans une seconde étape pour l'ensemble de l'Administration publique;

- à mettre en place un mécanisme d'affectation de recettes exceptionnelles (par exemple les dividendes de participation à des sociétés privées), soit au Fonds de la dette ou à une réserve ou un fonds spécial à créer à cette fin;

- à examiner de façon critique le système fiscal quant à son efficacité, sa complexité et son effet de redistribution;

- à amorcer la réforme des finances communales dans le respect des orientations stratégiques de l'Aménagement du territoire (IVL) et en concomitance avec la réforme territoriale actuellement en cours.

(s.) Alex Bodry, Norbert Hauptert, Lucien Lux, Gilles Roth, Michel Wolter.


Vote sur la motion 1 modifiée

Wien ass mat där Motioun d'accord? Wien ass dergéint? Wien enthält sech? Dat schéngt mer kloer ze sinn. Domadder ass déi Motioun ugeholl.

Domadder si mer um Enn och vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung si virgesi fir d'nächst Woch, de 14., 15. a 16. Dezember.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.15 heures)



SÉANCE 16

MARDI,
14 DÉCEMBRE 2010

Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Lydia Mutsch, Vice-Présidente

Sommaire

1. Communications

- M. le Président

2. Ordre du jour

- M. le Président, M. François Bausch, M. Xavier Bettel

3. 6196 - Projet de loi portant réforme du système de soins de santé et modifiant:

1. le Code de la Sécurité sociale;

2. la loi modifiée du 28 août 1998 sur les établissements hospitaliers

- Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale: Mme Lydia Mutsch

- Discussion générale: M. Jean-Paul Schaaf, M. Carlo Wagner, M. Félix Braz, M. Jean Colombero, M. André Hoffmann, Mme Martine Mergen

- M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

4. Motion de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire relative au système e-go

- Exposé: M. Lucien Thiel

- Débat: M. Ben Fayot, M. Félix Braz, M. Gast Gibéryen

- M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- Vote sur la motion (adoptée)

5. Motion de M. Fernand Kartheiser relative à la libération du sergent Gilad Shalit

- Exposé: M. Fernand Kartheiser

- Débat: M. Ben Fayot, M. Xavier Bettel, M. Félix Braz, M. Jean-Louis Schiltz, M. André Hoffmann

- Vote sur la motion (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden, Mars Di Bartolomeo, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

1. Communications

Ech hu par contre folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) Fir d'Éischt, d'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwer-

ten ass um Büro déposiert a gëtt un d'Fraktioun verdeelt.

2) Folgende Projet gouf um Greffe vun der Chamber déposiert:

de 14. Dezember vum Justizminister de Projet de loi 6227, d'Émsetzung vun enger Direktiv iwwert d'Fusiounen an d'Scissiounen.

Da war vum 30. November bis den 2. Dezember zu Paräis déi 59. Sessioun vun der Assemblée de l'Union de l'Europe Occidentale; d'Chamber war vertrueden duerch den Här Hauptert, d'Madame Brasseur an déi Häre Boden a Spautz.

Communications du Président - séance publique du 14 décembre 2010

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Le projet de loi suivant a été déposé au Greffe de la Chambre des Députés:

6227 - Projet de loi concernant les obligations en matière de rapports et de documentation en cas de fusions ou de scissions et portant transposition de la directive 2009/109/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 septembre 2009 modifiant les directives 77/91/CEE, 78/855/CEE et 82/891/CEE du Conseil ainsi que la directive 2005/56/CE en ce qui concerne les obligations en matière de rapports et de documentation en cas de fusions ou de scissions

3) Du 30 novembre au 2 décembre 2010 s'est tenue à Paris la 59^e session de l'Assemblée de l'Union de l'Europe Occidentale. Y ont participé quatre membres de la délégation luxembourgeoise, à savoir le président de la délégation, M. Norbert Hauptert et Mme Anne Brasseur, membres effectifs, et MM. Fernand Boden et Marc Spautz, membres suppléants. Mme Lydie Err et M. Jean Huss se sont excusés.

Parmi les points à l'ordre du jour, il y a lieu de relever, entre autres, les sujets suivants:

- Planification et conduite des opérations de l'UE - Réponse au rapport annuel du Conseil

- La prolifération des armes de destruction massive, la défense antimissile et la sécurité européenne

- La recherche en matière de sécurité dans l'Union européenne: bilan du Septième programme-cadre - Réponse au rapport annuel du Conseil

- L'UE et la sécurité en Afrique: un partenariat pour le développement et la sécurité

- Mise en œuvre du Traité de Lisbonne: les débats en cours dans les parlements nationaux sur le suivi de la PSDC

- Assemblées interparlementaires et communication externe: l'expérience de la Commission pour les relations parlementaires et publiques

- Projet de budget de l'Assemblée pour 2011

- Comptes relatifs aux dépenses de l'Assemblée pour 2009

- Concept stratégique et évolution de l'OTAN. Les relations transatlantiques dans le domaine de la sécurité et de la défense - Réponse au rapport annuel du Conseil.

L'Assemblée a adopté deux résolutions et six recommandations en rapport avec les susdits points à l'ordre du jour.

Six orateurs de marque ont pris la parole lors de la susdite session, notamment

- Mme Claude-France Arnould, Directeur général adjoint en charge de la Gestion des Crises et de la Planification du Conseil de

l'UE, représentant Mme Catherine Ashton, Haute Représentante de l'UE pour les affaires étrangères et la politique de sécurité et Vice-Présidente de la Commission européenne,

- M. David Darchiashvili, Président de la Commission sur l'intégration européenne de la Géorgie, représentant M. David Bakradze, Président du Parlement de Géorgie,

- S.E. M. Walter Stevens, Représentant permanent de la Belgique, représentant M. Yves Leterme, Premier Ministre de Belgique, représentant la présidence belge de l'UEO/UE,

- S.E. M. Luca Giansanti, Représentant permanent de l'Italie, représentant M. Franco Frattini, Ministre des Affaires étrangères d'Italie, représentant la présidence entrante italienne de l'UEO,

- M. Mevlüt Çavuşoğlu, Président de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe, et

- M. István Kovács, Ambassadeur de Hongrie auprès de l'OTAN, représentant le Ministre des Affaires étrangères de Hongrie, représentant la présidence entrante hongroise de l'UE.

L'Assemblée cessera ses activités le 30 juin de l'année prochaine. 65 membres du personnel sont concernés par cette cessation. Il est prévu de tenir une session finale à Bruxelles en mai 2011.

2. Ordre du jour

D'Presidentekonferenz schléit fir dës Woch folgenden Ordre du jour vir:

Haut de Mëtteg hu mer fir d'Éischt de Projet de loi 6196 iwwert d'Gesondheitsreform, nom Modell 3; duerno hu mer eng Motioun vun der Budgetsiwwerwachungskommissioun iwwert den e-go; an dann hu mer nach eng Motioun vum Här Fernand Kartheiser iwwert de Sergeant Gilad Shalit.

Muer de Mëtteg um hallwer dräi hu mer de Projet de loi 6217 iwwert d'Upassung vun de Pensiounen, nom Modell 1; an duerno de Projet de loi 6177 iwwert d'Assurance accident, nom Modell 1.

En Donneschdeg um hallwer dräi hu mer de Projet de loi 6222 iwwert de Mindestloun, nom Modell 1; de Projet de loi 6208 iwwert den Emploi des jeunes, nom Modell 1; de Projet de loi 6170 iwwert d'Organismes de placement collectif, nom Modell 1; an dann de Projet de loi 6183 iwwer eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'TVA, nom Basismodell.

Des Weidere schléit d'Presidentekonferenz nach folgend Ergänzung vum Ordre du jour vir:

E Mëttwoch géife mer als éischte Punkt d'Établissement vun enger Lëscht vun dräi Kandidaten fir de Remplacement vun